leschte Riedner, den Här Serge Urbany fir déi Lénk.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll meng Ried mat engem Zitat vum Jeremy Corbyn ufänken, deem neie lénke President vun der Labour-Partei an England.

Une voix.- Très bien!

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Ech hat eigentlech erwaart, den Här Angel géif e schonn zitéieren, mä well en et net gemaach huet, maachen ech et dann.

(Interruption)

Ënnert dem Titel „Dem Cameron säin Deal ass dee falschen, awer Britannien muss an Europa bleiwen" huet hien am „Guardian" dem Cameron Folgendes virgehäit:

En hätt sollen, seet de Corbyn, mat deenen aneren europäesche Leaderen driwwer schwätzen, wéi mer eis Stolindustrie rette kënnen, doriwwer, wéi mer d'Verbreedung vun Niddregléin an onsécheren Aarbechtsplaze gradesou stoppe kënne wéi d'Ënnerlafe vu Lountariffer a Kollektivverträg duerch d'Ausbeutung vu Wanderaarbechter. En hätt sech och sollen, seet de Corbyn, op de Skandal vun de Flüchtlingslageren zu Calais an zu Dunkerque konzentréieren an dorop, wéi ee mat der europäescher Migratiounskris op eng gerecht Aart a Weis kann ëmgoen.

En hätt, seet e weider, de briteschen Hiewel och kënnen dofir notzen, d'Bedroung fir eis Servicer an eis Rechter an de geheimen TTIP-Verhandlungen ze stoppen, fir Mënscherechter an Ëmweltschutz an zukünftegen Traitéen opzebauen a fir mat dem Drock vu Bréissel opzehalen a Richtung Deregulariséierung a Privatiséierung vun ëffentlechen Déngschter. En hätt och kënnen derfir plädéieren, fir der Austeritéit en Enn ze maachen, déi eis futti mécht, an derfir, fir d'Rechter vun de Leit, déi schaffe ginn, a ganz Europa ze stäerken.

Här President, dat, wat de Corbyn do verlaangt huet vum Premierminister Cameron, ass datselwecht, wat mir och an eise Länner vun eise Regierunge verlaangen, näämlech, dass erëm déi sozial Fro an de Mëttelpunkt vun den Entwécklungen an Europa gesat gëtt. Et ass awer natierlech net dat, wat an de Verhandlungen d'lescht Woch erauskomm ass. An dat war och ni d'Absicht vun eise Regierungen. Och fir d'Lëtzebuerger Regierung hunn d'Interesse vun der City of Luxembourg par rapport zu der City of London ganz kloer dominéiert. Dat hu souwuel den Ausseminister wéi och de Premier verschiddentlech ganz kloergemaach. Ob dat hinne gelongen ass, ass eng aner Fro. Ech hunn elo keng Zäit, op d'Problematik vun der Finanzplaz hei anzegoen.

Mä sécher ass awer: Perdant an deem onméiglechen Accord vu Bréissel ass virun allem den europäesche Sozialsystem a sengen zwee Haaptpilieren: éischtens dem Pilier vun engem europäesche Koordinatiounssystem vun der Sécurité sociale, dee virgesäit, dass een do verséchert ass, wou ee schafft, an dass een och do vum éischten Dag u seng voll Prestatioune kritt; zweetens dem Pilier vun der fräier Zirkulatioun vun de Leit, déi schaffen, déi viraussetzt, dass een a senger Mobilitéit net kann doduerch ageschränkt ginn, dass ee sozial Avantagen net kritt, déi Leit an deene Länner, wou ee schafft, kréien.

Deen éischte Pilier gëtt hei mat deem Accord doduerch ageschränkt, dass d'Kannergeld just nach an Héicht vum Liewensniveau an deene Länner ausbezuelt ka ginn, wou d'Kanner wunnen, wann dat jeeweileget Land dat esou décidéiert, wuelverstanen. Dann, deen zweete Pilier gëtt doduerch ageschränkt, dass sozial Avantagen, déi net ënner Sécurité sociale falen a mat der Aarbecht verbonne sinn, wärend véier Joer kënnen ewechfalen oder beschränkt ginn, wann d'Awanderung aussergewéinlech klëmmt - iwwregens net nëmmen duerch den Élargissement vun der Europäescher Unioun.

Déi Politik ass fir England virun allem vu symbolesche Wäert, muss een hei soen. 0,26% vun alle Kanner, déi betraff sinn, liewen ausserhalb vun England. Et geet ëm ganz kleng Montante fir de Budget vu Groussbritannien. A wat d'Sträiche vun den Avantages sociaux ugeet, do leet déi englesch Regierung keng belaaschtbar Chiffere vir. Trotzdeem kritt se vun der Kommissioun am Viraus hei bescheinegt a verséchert, dass fir si eng Krisesituatioun gëllt, obschonn déi Krisesituatioun nach guer net bewisen ass.

Ech sinn iwwerzeegt, dass déi heiten Ännerungen net nëmme vum Cameron dem EU-Conseil opgedrängt gi sinn, mä dass se deelweis op géigesäitegem Wonsch berouen an also keng Erpressung sinn.

D'Madamm Merkel huet schonn ugekënnegt, dat kéint och emol fir Däitschland a Fro kommen. An Éisträich héiere mer elo schonn Téin, wéi wann, wat d'Ministere soen, géifen Etüde scho lafen, fir ze kucken, wéi an Éisträich déi Aschränkunge kéinten ëmgesat ginn.

A loosse mer dach och éierlech sinn: Och Lëtzebuerg ass scho jorelaang bestrieft, den Export, wéi et heescht, vum Kannergeld ze begrenzen. Dat war déi offiziell Haltung vu Lëtzebuerg bei den Négociatiounen iwwert d'Reform vun deem Reglement 883, vun deem mer elo schwätzen. Lëtzebuerg ass deemools awer net duerchkomm mat deene Virschléi. A wat war dat dach fir en homeresche Kampf hei, fir de Frontaliere Studentebäihëllefen, wat och en Avantage social ass, fir d'Éischt emol guer net ze ginn - dat war ënnert dem Här Biltgen - an duerno nëmmen no fënnef Joer Aarbecht vun hiren Elteren zu Lëtzebuerg ze ginn! Dat war décidéiert ginn herno vun dëser Regierung, déi am Amt ass!

Wann een d'Argumentatioun vun deene successive Regierungen iwwert déi néideg Integratioun an den Aarbechtsmaart noliest, dann ass se wuertgläich mam Text, wéi mer en haut erëmfannen an der Ofschlosserklärung vu Bréissel.

Dobäi gesäit dee Reglement, ëm deen et geet, iwwert d'fräi Zirkulatioun eigentlech keng Ausname vir bei de sozialen Avantagen. Déi Ausname sollen elo kommen, nodeem, muss een derbäisoen, verschidde Regierungen, dorënner och eis, Regierungen, wou all Kéiers och d'LSAP dru bedeelegt war, Ausnamen erstridden hunn iwwert den Europäesche Geriichtshaff, déi eigentlech konträr zum Reglement sinn. An ech verstinn dofir och net, firwat den Här Angel hei seet, hie géif sech an Zukunft géint esou Aschränkunge wieren. Lëtzebuerg huet awer och kee Veto ageluecht hei, wéi mir et verlaangt haten.

Zum Schluss wëll ech nach zum politeschen Deel vum Accord vu Bréissel kommen. Eenzel Länner, dat steet heidran, dat ass ganz kloer, do huet den Här Kartheiser recht, wann en dorobber hiweist, kënne verschidde Weeër vun Integratioun an Zukunft goen.

An ech mengen awer net, dass een dowéinst kann ofschätzend schwätzen, hei géif en Europe à la carte entstoen, well dat misst emol fir d'Éischt viraussetzen, dass ee mat deem Eenheetsmenü, wéi mer en haten, och zefridde wier. Dat ass awer net de Fall. Europa, wéi et funktionéiert, haut, ass net zefriddestellend! Dat huet ee beim Fonctionnement eleng nëmme vun deem Conseil gesinn, deen elo hannerun eis läit. Dat ass e Conseil, wou souguer Schrëtt zur Desintegratioun geholl gi sinn an Europa, net zur Integratioun, zur Desintegratioun geholl gi sinn an Europa, op fir eis wichtege Punkten: der Sozialpolitik an der eenheetlecher Reguléierung vun de Finanzplazen.

Mir wäerten och gesinn, dass dat Ganzt an eng schlecht Richtung geet, wa mer deemnächst iwwert d'Flüchtlingskris wäerte schwätzen. A mir hunn et och am Summer gesinn a Griichenland, wou d'Finanzministere jo den Toun uginn hunn an net am Intérêt vun de Leit dohannen.

Am Mëttelpunkt vum Conseil, deen ëmmer méi dem Wiener Kongress am 19. Jorhonnert iwwregens gläicht, stinn ëmmer déi national Interessen an d'Interesse vun deene jeeweilegen neoliberale Regierungen. Soulaang et keen demokratescht federaalt Europa mat geregelte Rechter op allen Niveaue gëtt, an do si mer nach wäit ewech dervun, mussen déi demokratesch Souveränitéit an déi sozial Rechter duerfir eiser Meenung no vun de Leit, op allen Niveauen, verteidegt an ausgebaut ginn, och lokal, och national. An um europäesche Plang féiert dat iwwert den Ausbau vun de Rechter vum Europaparlament.

Mir triede generell a fir déif gräifend institutionell Ännerungen, déi néideg wieren an Europa. Duerfir kann et kee Stillstand ginn, et kann net eng „ever closer union" ginn op där doter Basis. Mä mir mengen och, dass ënnert den aktuellen Ëmstänn op allen Niveauen an Europa fir eng Demokratiséierung gekämpft muss ginn, well den Arrangement vu Bréissel iwwregens ganz däitlech weist, awer am Negativen, dass d'Institutiounen an Europa veränerbar sinn.

Beim Kampf ëm méi Rechter kënne Referenden eng wichteg Roll spillen, dat hu mer a Griichenland gesinn am Summer. Dee Referendum a Griichenland ass awer verdaamt ginn hei, vun Iech alleguer. Firwat? Well et dorëm gaangen ass, fir sech géint den Ofbau vu Sozialrechter ze wenden, wärend hei de Cameron et eleng mat der Ukënnegung vun engem Referendum am Conseil fäerdegbruecht huet, aner Sozialrechter ofzebauen, ouni dass et zu engem Widderstand komm ass, ouni dass et zu engem Vetorecht zum Beispill vun enger Regierung komm wier.

An duerfir ass et och a béide Länner, a Griichenland an a Groussbritannien, an ëmmer méi an Europa schwéier, d'europäesch Integratioun nach ze verteidegen, well einfach déi Regierungen, déi haut do sinn, der ganzer Politik en antisoziale Contenu ginn.

An trotzdeem menge mer, a grad dowéinst, dass mer deene wëlle vill Chance wënschen, „good luck" wënschen, déi wärend deenen nächste véier Méint béides musse maachen, souwuel géint dem Cameron säi faule Kompromiss virgoen a gläichzäiteg fir e Jo antriede fir en anert Europa. A genau dat ass och dee Kampf, dee mir wëlle féieren, well mer mengen och, dass de Réckgang vun den Nationalstate keng Problemer ka léisen, mä au contraire nach nei Problemer géif schafen.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet den Här Statsminister, fir op déi eenzel Interventiounen anzegoen. Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.-* Merci, Här President. Ech wéilt och de Riedner Merci soe fir hir Interventiounen, wou jiddwereen awer zur Konklusioun komm ass, dass mer als Lëtzebuerger Regierung, an ech selwer, zu Bréissel d'Intérêten am Esprit européen verteidegt hunn. Am Esprit européen verteidegt hunn an och d'Interessie vu Lëtzebuerg, fir déi net ze verschlechtere vis-à-vis vun anere Länner. An dat hu mer fäerdegbruecht, an ech wéilt och déi Unerkennung hei gären entgéinthuelen.

Hei ass gesot ginn, den Här Corbyn ass ganz vill zitéiert ginn. Ech wéilt just soen, dass dat alles, wat den Här Corbyn gesot huet, net vum Här Tsipras am Conseil gesot ginn ass, dee vill méi diskret war op deene Punkten, wéi hei de Vertrieder vun deene Lénken.

Ech wéilt och just hei soen - verschidde Froe si gestallt ginn, iwwert d'Noutbrems huet den Här Wiseler mer eng Fro gestallt -, mat deem neien Accord ass et, wann d'Prinzipien net respektéiert géife ginn, dat heescht, dass déi Punkten op engem Conseil kënnen diskutéiert ginn. Et ass kee Veto. Et ass eng Méiglechkeet, fir dass eppes rediskutéiert gëtt. Mä et ass net d'Méiglechkeet, fir dass eppes ka blockéiert ginn! Dat heescht, et ass elo kee Blocage-Prinzip, dat e Land kann hunn.

Hei ass och iwwert d'Stabilité financière vum Här Angel geschwat ginn, iwwert d'Derogatioun, déi d'City gären hätt. Dat bleift am „level playing field". Dee Prinzip ass am Chapeau vun deene ganzen Diskussiounen. Dat heescht, dee grousse Prinzip bleift dee vum „level playing field". Dat heescht, et kann net eppes gemaach ginn, wann déi aner et net kéinte maachen. Dat ass dee grousse Prinzip. Mä ech mengen, den Här Gramegna huet mer och scho gesot, dass en op d'Demande, mengen ech, vum Här Wiseler an d'Finanzkommissioun wäert och kommen, wou hien da méi op den Detail kann agoen.

Hei ass eng Fro komm, ob ech kéint och am Viraus bei Iech diskutéiere kommen. Ech hunn de Problem gehat, déi lescht Konklusioune vum Conseil vun en Donneschdeg hunn ech e Mëttwoch an der Nuecht kritt. Dat heescht, donneschdesmoies sinn ech op Bréissel gefuer, an d'Konklusioune sinn nach bis mëttwochsowes diskutéiert ginn! Ech muss Iech soen, dass déi Konklusiounen net esou gutt waren, also scho besser ware wéi déi, déi ech déi Woch virdrun hat, aus eiser Perspektiv, dass se den Dag drop nach besser waren, an an deen Text, dee mer elo hunn, och vill Punkten erabruecht hunn, déi fir eis wichteg waren.

Hei ass och gesot ginn, dass deen een oder deen anere Punkt bei de Sozialleeschtunge fir Diskussioune suerge wäert. Ech erënnere just drun, dass dat och nach Codécisiouns-Décisioune sinn. Dat heescht, déi mussen och an d'Europaparlament kommen. An déi Leit, déi dann hei soen, dass do muss onbedéngt gebremst ginn, representéieren eng grouss Majoritéit am Europaparlament. Dat heescht, wann do de PPE an d'Sozialisten, fir déi eleng ze zitéieren, der Meenung sinn, dass dat net dierf esou goen, dann ass et eng Codécisioun, déi net stattfënnt. Dann hoffen ech, dass dann och dat, wat hei ugekënnegt gëtt, dass een dat blockéiert, da wäert ech och d'Débate suivéieren am Europaparlament, wéi se dann do och weidergefouert wäerte ginn.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Dofir war den Här Schulz jo schonn derbäi zu Bréissel.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.-* Den Här Schulz ass President vun enger Institutioun, Här President, et ass net, an Dir wësst dat jo selwer, et ass net de President, deen am Numm vu 60 Deputéierten hei zum Beispill zu Lëtzebuerg och kéint en Text décidéieren. Et ass nach ëmmer den Ensembel vun enger Chamber, vun engem Parlament mat sengen eenzelne Composanten, Här Urbany,...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* E soll disziplinéieren.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.-* ...déi d'Décisiounen huelen. An am Europaparlament ass den Här Schulz de President, an et sinn...

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* E soll disziplinéieren.

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.-* ...déi verschidden Europadeputéierten, déi d'Décisiounen och ze huelen hunn.

Dowéinst, wéi gesot, Här President, wéilt ech just also soen, dass dat heiten... Hei si verschidde Leit, déi soen, et ass manner schlecht, et ass net dee beschte wéi, wat oder wou... Hei ass en Accord, wou mer et méiglech gemaach hunn. A wann Der haut den Débat an England nolauschtert: Déi eng soen Iech, et geet ze wäit. Den Här Cameron seet: „Ech si ganz wäit gaang. Ech hunn alles kritt, wat ech wollt." A wann Der dem Boris Johnson nolauschtert: „En huet guer näischt kritt!"

Ech mengen, d'Wourecht ass an der Mëtt. Dass verschidde Saachen, déi net géint en anert Land gemaach gi sinn, ugeholl gi sinn, déi am Intérêt och si vu Regelen, déi am Fong bestätegt gi sinn, esou wéi ech et scho virdrun erkläert hunn, an hei verschidde Regelen, déi sollte sinn, op dem „level playing field", dat heescht fir 28 Länner sollten zielen.

Et ass elo un den Englänner, ze décidéieren den 23. Juni. An dat, wat och schonn hei vun engem Member vun der Chamber gesot ginn ass, ass d'Realitéit. Wann den 23. Juni Nee vun den Englänner gesot gëtt, da gëtt net nach eng Kéier négociéiert. Da gëtt net nach eng Kéier négociéiert!

Et si verschidden Texter, dat muss een och elo ganz genau mat Iech analyséieren, déi och mat engem Neen awer a Kraaft kënnen trieden, well se jo 28 Länner concernéieren. Dat sollt een och net vergiessen!

Dowéinst, wéi gesot, ass et un de Britten, ze décidéieren den 23. Juni, wat se wëllen. Mä ech soen hei Merci fir d'Zoustëmmung, d'Ënnerstëtzung vun där enger Säit a vun deenen anere fir dat, wat d'lescht Woch zu Bréissel war. Et war net all Moment einfach, mä mir hunn net déi Wäerter bradéiert, fir déi mer déi lescht 50 Joer och gekämpft hunn!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci dem Här Statsminister. Domat ass eis Debatt ofgeschloss a mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, dat ass de Projet 6794, eng Rei vun Dispositiounen, déi d'Post betreffen. An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Claude Haagen, wann en de Wee bis heihinner fënnt.

9. 6794 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications

Rapport de la Commission de l'Économie

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.-* De Wee huet net geännert. Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Wat ass dat Pult esou héich!

M. Claude Haagen *(LSAP), rapporteur.-* Jo, dat ass Äre Problem.

(Hilarité)

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 6794 ännert d'Gouvernance vum POST Group. Dëse Gesetzesprojet gouf den 18. Mäerz 2015, also d'lescht Joer, vum Wirtschaftsminister déposéiert. An d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Salariés, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hunn hiren éischten Avis am Juni vum leschte Joer eragereecht.

De Statsrot huet de 17. Juli 2015 säin Avis geholl. An dësem Avis ware verschidden Oppositions formelles, wouropshin d'Wirtschaftskommissioun Amendementer ausgeschafft huet. Eng ganz Rei vu wichtegen Amendementer am Sënn vum Statsrot, awer och ënner Considératioun vun deene verschiddenen Avise sinn an der Wirtschaftskommissioun décidéiert an un de Statsrot weidergeleet ginn.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hunn am

Dezember 2015 hire jeeweilegen Avis complémentaire eragereecht an d'Gewerkschaft vun der Post huet am Januar 2016 op den Avis complémentaire vum 18. Dezember vum leschte Joer vum Statsrot reagéiert an och eng Prise de position zu deem Avis complémentaire eragereecht. Den Avis complémentaire vum Statsrot ass den 23. Dezember vum leschte Joer an der zoustänneger Kommissioun analyséiert ginn. An de Rapport zu dësem Projet de loi ass de 4. Februar vun dësem Joer ugeholl ginn.

Här President, mir kommen dann elo am Fong zu dësem Gesetzesprojet. Dëse Gesetzesprojet, wéi am Ufank gesot, ännert d'Gouvernance, also de Féierungssystem, wat mir nennen, vun der Lëtzebuerger Post. Och den Numm gëtt geännert. Déi nei Dénominatioun vun der Entreprise des Postes et Télécommunications gëtt elo POST Luxembourg, dëst ënner anerem wéinst an aus Marketinggrënn.

Fir méi flexibel ze sinn, fir méi séier kënnen Entscheedungen ze huelen, dëst am Sënn vum Betrib vun der Post selwer, hire Clienten an hirem Personal, war et un der Zäit, fir de Féierungssystem vun der Post ze adaptéieren an d'POST Lëtzebuerg an dësem neie Wettbewerbskader méi kompetitiv ze gestalten.

Wéi Dir all wësst, huet d'Post schonn zënter Laangem hir Monopolstellung a ville Beräicher, wéi zum Beispill Telekommunikatioun, missen opginn. Haut ass d'Post an engem intensive Präiskampf op hire Produiten a Servicer ausgewisen. Dofir muss d'Féierung, also d'Direktioun vun der Post haaptsächlech flexibel sinn, schnell kënne reagéieren a wichteg Décisioune méi séier huele kënnen, esou wéi dat fir aner kommerziell a concurrentiel Gesellschaften an deem Domän de Fall ass.

Dëst soll et der Post erméiglechen, weider, awer nach besser am allgemengen Intérêt ze schaffen, dëst an deenen dräi Haaptmétiere vun der Lëtzebuerger Post, also dem Courrier postal, POST Finance an den Telekommunikatiounsservicer, déi d'POST Lëtzebuerg hire privaten a professionelle Clienten ubitt.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

D'Post ass a bleift nach ëmmer en Établissement public a wäert, wéi gesot, dëst och no dësem Gesetzestext nach weiderhi bleiwen, dëst natierlech, ewéi och virdrun, mat engem kommerziellen an engem industrielle Charakter. De Lëtzebuerger Stat ass a bleift Propriétaire unique vun dësem Établissement public. Säit der Deregulatioun vum Telekommunikatiounsberäich a vum Courrier postal ass d'Ëmfeld vun eisem Lëtzebuerger Post-Betrib ebe méi staark concurrentiel ginn.

D'Post huet sech an deene leschte Joren duerch d'Ännerunge vum Marché, d'Behuele vun hire Clienten an d'Opkomme vu Konkurrenzbetriber missen der Realitéit upassen. Dat ass beileiwen net ëmmer einfach gewiescht an huet och heibannen zu villen Diskussioune gefouert, och an der Post selwer. Et kann een awer haut behaapten, datt d'Post gutt opgestallt ass an den Challenge vun der Modernisatioun an Ëmwandlung intern am Betrib an no bausse gutt gemeeschtert huet.

Madamm Presidentin, d'Lëtzebuerger Post setzt sech haut haaptsächlech aus dem Bréifdéngscht, wou se dem Service universel ënnerläit, dem finanzielle Volet mat de Postbüroen an zu gudder Lescht dem Telekommunikatiounsberäich zesummen. D'Ännerungen an der Gouvernance wäerten net déi gutt Praktike wéi den Dialogue social, deen et op allen Ebene gëtt an dee gutt fonctionnéiert, beaflossen.

Och all d'Acquis sociaux wäerte bäibehale ginn. D'Participatioun vun de Personalvertrieder am Conseil d'administration, also am Verwaltungsrot, bleift selbstverständlech erhalen. Et sief drun erënnert, datt am Verwaltungsrot vun der Lëtzebuerger Post 16 Leit sëtzen. De Conseil d'administration setzt sech zesummen aus aacht Beamten, zwee Représentanten aus der Société civile, also Indépendanten, a sechs Représentantë vum Personal.

Kolleeginnen a Kolleegen, déi Haaptännerunge vun dësem Projet de loi betreffen d'Décisiounsorganer vu POST Lëtzebuerg. Ee vun den Haaptpunkten ass den neie Rôle vum Directeur général. De Generaldirekter oder d'Generaldirectrice wäert vun op d'mannst zwee Directeurs généraux adjoints an nach weideren Direkteren ënnerstëtzt ginn. All déi Direktere wäerten an Zukunft tëschent engem privaten oder ëffentleche Statut wiele kënnen. Si all wäerten de sougenannte Comité exécutif bilden. Dëse Comité exécutif wäert POST Lëtzebuerg dirigéieren a géréieren. De Generaldirekter ersetzt also de Comité de direction, dee bis elo bestanen huet. Déi besteeënd kollegial Regel gëtt soumadder ofgeschaaft.

Schlussendlech kréien d'Direkteren esou méi Pouvoiren a méi Responsabilitéit, also och eng méi grouss an direkt Verantwortung. De Generaldirekter kritt d'Recht, all déi néideg Décisiounen ze huelen, fir d'Realisatioun vum Objet, also d'Zilsetzung vu POST Lëtzebuerg ze erfëllen.

Dir Dammen an Dir Hären, da komme mer zu de Fonctioune vum Verwaltungsrot. De Verwaltungsrot, Conseil d'administration, kritt duerch dëse Gesetzestext méi Muecht wéi bis elo, dëst am Sënn fir eng Contrebalance, eng positiv Contrebalance par rapport zum omnipräsente Generaldirekter ze ginn. De Verwaltungsrot approuvéiert den Organigramm vu POST Lëtzebuerg, e fixéiert och de Strategieplang vun dëser ëffentlecher Gesellschaft.

Zudeem gëtt den annuelle Budget, also déi konsolidéiert jäerlech Konte vum Conseil d'administration approuvéiert. Dat nämlecht zielt, wat d'Kollektivverträg, d'Constitutioun vun neie Filialen an Duechtergesellschaften, d'Participatioun an anere privaten oder ëffentlechen Entreprisen ubelaangt. De Verwaltungsrot kann och ee Comité d'audit, ee Comité des risques an e muss ee Comité, deen d'Gehälter vun den Direktere festleet, an d'Plaz setzen. D'Gehälter vun den Direkteren, wa se sech da fir de private Statut entscheeden, wäerten also vun engem spezielle Comité definéiert ginn, fir esou all Abusen ze verhënneren.

De Verwaltungsrot ernennt de Generaldirekter a kann deeselwechten och entloossen. Och d'Charta vun der gudder Gouvernance an dem Règlement d'ordre intérieur gi vum Conseil d'administration etabléiert. D'Strategie vu POST Lëtzebuerg gëtt, no Propositioun vum Generaldirekter, vum Conseil d'administration definéiert.

Et ass zréckzebehalen, datt fundamental Décisiounen an Engagementer, déi POST Lëtzebuerg ubelaangen, vum Verwaltungsrot approuvéiert musse ginn. De Verwaltungsrot deelt seng Prärogative mam Conseil de Gouvernement an dem Minister, dee POST Lëtzebuerg a sengen Attributiounen huet. De Conseil de Gouvernement an den zoustännege Minister waachen also iwwer POST Lëtzebuerg. Si kréie regelméisseg d'Rapporte vum Verwaltungsrot an approuvéieren d'Budgeten, d'Konten, wichteg Immobiliemutatiounen an den Engagement souwéi, wéi gesot, de Licenciement vum Generaldirekter.

Madamm Presidentin, d'Haaptuleiesse vun der Postgewerkschaft hu sech op de Statut vun de Poste vun den Direktere bezunn an op eng méiglech Affektatioun vun de Postfonctionnairen an aner Filialen an domadder och a Privatentreprisen, wou POST Haaptaktionär ass.

Am initiale Projet de loi waren d'Direktiounsposten, laut dem Artikel 3, exklusiv am Privatstatut virgesinn. D'Kommissioun a schlussendlech och d'Regierung waren awer dunn der Meenung, datt fir déi Poste vun den Direkteren déi concernéiert Persounen de Choix tëschent dem ëffentleche Statut an dem private Statut sollen hunn.

D'Statsbeamtechamber ass géint esou e Choix a seet an hirem Avis, datt d'Direktiounsmemberen exklusiv missten dem Statut public vun de Statsbeamten ënnerleien. Iwwregens si se och géint d'Ophiewe vum Prinzip vun der Direction collégiale. D'Chambre des Salariés par contre begréisst de méigleche Choix vum Statut vun den Direktiounsmemberen.

Am initialen Artikel 6 vum Projet de loi war virgesinn, datt d'Beamte vu POST eng nei Affektatioun oder Versetzung vun hirem Aarbechtsposten nëmmen ausdrécklech mat hirem Averständnis missten oder kéinte maachen. Dëst war op Wonsch vun der Postgewerkschaft mat den zoustännege Ministere vum Wirtschaftsministère an der Fonction publique esou proposéiert ginn. Och d'Statsbeamtegewerkschaft souwéi d'Chambre des Salariés ware mat der Postgewerkschaft dëser Meenung.

De Statsrot huet a sengem Avis complémentaire vum 18. Dezember vum leschte Joer dës Konditioun an Dispositioun awer mat enger Opposition formelle beluecht. De Statsrot huet sech op den Artikel 10bis vun der Constitutioun iwwert d'Égalité de traitement beruff an argumentéiert, datt ee mat esou enger Dispositioun zwou verschidde Kategorië vu Beamte géif schafen: op där enger Säit Beamten, déi dem Droit commun no kéinte versat ginn, an op där anerer Säit Beamten, wou een Averständnis misst virleien.

Fir d'Opposition formelle opzehiewen, huet d'Kommissioun op d'Ajoute „sous réserve de leur consentement" verzicht. D'Kommissioun ass awer der Meenung, datt ëmmer sollt een Averständnis an engem Fall, wou ee Postbeamten an eng aner Postentreprise versat gëtt, oder innerhalb vu POST versat gëtt an ee Betrib, virleien. Dëst sollt och am Rapport erwähnt an ernimmt ginn, wat heimadder geschitt ass.

Fir all weider Detailer verweisen ech op mäi schréftleche Rapport. Kolleeginnen a Kolleegen, an der Hoffnung, datt eis Post déi nächst ekonomesch a finanziell Challengen am Aklang mam Service universel, mam Personal a mat hire Clienten an der Zukunft ka meeschteren, ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Rapporteur Claude Haagen. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Deputéierte Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Wirtschaftsminister, et sinn elo geschwë 25 Joer hier, d'nächst Joer, datt d'Entreprise vun der Post, d'Administratioun vun der Post an eng Entreprise transforméiert ginn ass. Entre-temps ass vill Waasser d'Musel erofgelaf. An déi Post, déi muss sech ganz villen Erausfuerderungen, national, awer och international, stellen: Konkurrenzkämpf, wat d'Präisser betrëfft, d'Produiten, d'Servicer op den europäesche Mäert, maachen et noutwendeg, datt effektiv eng Reform vun der Post virgeholl gëtt.

Ech wäert mech dann och elo an deenen nächste Minutten e bësselche méi extensiv mat där grouss ugekënnegter Postreform do auserneesetzen.

Ier ech dat maachen, wéilt ech awer fir d'Alleréischt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Claude Haagen, Merci soe souwuel fir säi schréftleche wéi säi mëndleche Rapport, well en hat keng einfach Aufgab an ech muss hie bewonneren. Här Haagen, Dir hutt aus net vill e wonnerbare Rapport gemaach, wat Iech besonnesch an dësem Fall éiert! Ech muss soen, fir esou vill Positives ze schreiwen an hei op der Tribün ze soen, do muss ee ganz staark sinn. An ech mengen, Här Haagen, Dir sidd ganz staark, Dir hutt dat wonnerbar gemaach.

Dëse Projet...

(Brouhaha)

Dëse Projet de loi, Madamm Presidentin,...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* E bësse Rou am Sall, wann ech gelift!

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Här Mosar, Dir hutt eleng d'Wuert.

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Dat ass gentil, Madamm Presidentin.

Dëse Projet ass eigentlech symptomatesch fir dës Regierung a ganz besonnesch, Dir Dammen an Dir Hären, fir dëse Minister. Et ass nämlech eng Regierung a besonnesch e Minister vun den Ukënnegungen. Et gëtt schrecklech vill ugekënnegt, a ganz besonnesch säit den Här Schneider den Twitter entdeckt huet. Quasiment all Dag gi mer iwwer...

Une voix.- Wéi Dir!

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Wéi ech och...

(Interruptions diverses et hilarité)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Sou!

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Wéi ech och!

(Coups de cloche de la présidence)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Allez, e bësse Rou, wann ech gelift!

(Interruptions)

M. Laurent Mosar *(CSV).-* All gudden Dag kann ee beim Här Schneider op sengem Twitteraccount interessant Ukënnegungen noliesen. A wann en net grad eng Indextranche ukënnegt, den Här Wirtschaftsminister, oder verschidden Institutiounen hei am Land erëm wéllt fusionéieren, oder eis op eng Rees op d'Asteroide mathëlt - wat iwwregens eng gutt Iddi ass -, oder zesumme mam Här Jeremy Rifkin déi drëtt industriell Revolutioun hei am Land ausrifft, den Här Schneider ass en äerdegen an emsege Minister.

(Interruptions)

Leider Gottes ginn déi Ukënnegungen, déi en dann ëmmer mécht, net ëmmer grad an d'Realitéit ëmgesat. An do gëtt et eng ganz Rei vu gudde Beispiller.

Fir d'Éischt huet den Här Schneider, wéi gesot, dat ganz grousst Talent, Saachen unzekënnegen, déi awer ni kommen. An den Här Gibéryen kuckt mech: Wéi oft huet den Här Schneider elo schonn eng Indextranche hei ugekënnegt?

(Interruption)

Ech ka mech erënneren, am September vum Joer 2015 hunn all d'Salariëë sech an dësem Land gefreet, wéi se um Twitteraccount vum Här Schneider gelies hunn, elo géif endlech am November oder am Dezember eng Indextranche erfalen.

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* En hat d'Joer net genannt!

M. Laurent Mosar *(CSV).-* En hat d'Joer net genannt.

(Brouhaha)

Nodeem, Här Gibéryen, nodeem...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Wann ech gelift!

(Coups de cloche de la présidence)

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Nodeem, Madamm Presidentin...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Allez, e bësse Rou, wann ech gelift!

(Hilarité)

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Nodeem, Madamm Presidentin,...

(Interruption)

...d'Indextranche...

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Ech mengen, en huet d'Jorhonnert net genannt!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Also, wann ech gelift!

(Hilarité)

M. Laurent Mosar *(CSV).-* ...d'Indextranche...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Här Mosar, also, Dir provozéiert se awer och. Allez hopp!

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Ech sinn ëmmer frou, wann ech ka mam Här Schneider e bëssen debattéieren. Wéi dunn awer keng Indextranche 2015 erfollegt ass,...

(Interruption)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Pst!

M. Laurent Mosar *(CSV).-* ...huet den Här Schneider gesot, déi kënnt elo 2016, do kënnt se ganz sécher. Elo hu mer awer héieren, déi ass och nach net fir 2016. Anscheinend ass se fir 2017.

Wann et fäerdeg ass, Dir Dammen an Dir Hären, bréngt den Här Schneider et fäerdeg als sozialistesche Wirtschaftsminister, datt an enger ganzer Legislatur keng Indextranche wäert erfalen. Här Schneider, Dir kritt an de Gaart vun der Fedil e Bam gesat, fir Iech...

(Hilarité)

...Merci ze soen, datt Dir et, Här Minister, fäerdegbruecht hutt...

(Interruptions)

...datt an där...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Här Mosar! Här Mosar, ech mengen, mir schwätzen hei iwwert d'Post!

(Interruption par M. Etienne Schneider)

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Ech kommen, Madamm Presidentin, ech kommen...

(Brouhaha)

Gitt mer eng Chance! Ech kommen zu der Post.

Dann, ech hu gesot...

Une voix.- Dat do géif ech awer gär gesinn.

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Den Här Schneider...

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Dat do huet mat der Post ze dinn.

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Den Här Schneider...

(Brouhaha et hilarité)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Also, wann ech gelift, e bësse Rou am Sall!

(Interruptions)

M. Laurent Mosar *(CSV).-* ...kënnegt dann och heiansdo Saachen un,...

Mme Nancy Arendt *(CSV).-* Et gëtt e laangen Dag!

M. Laurent Mosar *(CSV).-* ...respektiv seng Regierung, déi net kommen, an aner Saache kommen, déi net ugekënnegt sinn. An do schwätzen ech da vun de Fusiounen.

(Interruption)

Am Regierungsprogramm, och an der Deklaratioun vun eisem Här Statsminister, war groussaarteg ugekënnegt ginn, datt d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers géife fusionéieren. Et war och ugekënnegt ginn, datt Luxembourg for Business a Luxembourg for Finance géife fusionéieren. Or, et ass elo keen, deen hei fusionéiert, mä Luxinnovation a Luxembourg for Business ginn elo fusionéiert. Déi Fusioun war allerdéngs vum Minister net ugekënnegt.

(Interruption par M. Etienne Schneider)

Gewëss, Dir hutt se erëm um Twitter, Här Minister, hutt Der se ugekënnegt. Dat heescht, den Här Minister huet dat Talent, fir groussaarteg Ukënnegungen ze maachen.

(Interruptions)

Ech kommen elo zum Projet vun der Post.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Hätt Dir dann d'Chambres forcéiert?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Minister, wëllt Der eng Fro stellen, wann ech gelift?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Jo, ganz gär.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay.

(Hilarité)

Här Mosar, sidd Der d'accord, dass den Här Minister eng Fro stellt?

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Den Här Schneider ka mir ëmmer eng Fro stellen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Okay.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Schneider!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Merci, Madamm Presidentin. Den Här Mosar huet jo gesot, mir hätten dat net gemaach mat der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers. Dat ass effektiv wouer, well mer an engem demokratesche Land sinn an den Dialog mat deene Chambres gesicht hunn an déi der Meenung waren, si géife besser separat vunenee funktionéieren.

Elo musst Der mir dann awer soen, ob Dir se da forcéiert hätt, wann Dir a menger Plaz gewiescht wäert, fir dat ze maachen.

Datselwecht gëllt d'ailleurs fir Luxembourg for Finance a Luxembourg for Business, wou déi zwee gemengt hunn, dass et keng gutt Iddi wär, dat doten ze maachen, an dass et eng besser Alternativ wär, Luxembourg for Business mat Luxinnovation ze fusionéieren.

Hätt Dir dann - an dat ass meng zweet Fro - Luxembourg for Finance mat Luxembourg for Business forcéiert ze fusionéiere géint hire Wëllen?

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ma ganz einfach. D'Äntwert: Här Schneider, Dir hätt sollen der Oppositioun, a mir, nolauschteren. Mir ware vun Ufank u géint déi Fusiounen, well mer der Meenung waren, datt se näischt géife brëngen.

Une voix.- Voilà!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Et wär och vläicht gutt gewiescht, wann Der déi aner virdru gefrot hätt an net duerno.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Ech kommen awer elo, Här Minister, Madamm Presidentin, zu der Post. An do ass jo,...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- ...Dir Dammen an Dir Hären, grouss ugekënnegt ginn,...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

...et kënnt zu enger...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Pst!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- ...grousser Postreform. An ech hu mer do e bësselchen emol de Projet de loi ugekuckt, an do steet dann, entre autres, am Exposé des motifs: «(...) adapte l'objet de l'entreprise de manière à refléter les développements technologiques et concurrentiels des métiers de l'entreprise».

Eng grouss Ukënnegung! An da geet een dervun aus, datt et wierklech hei zu enger substanzieller Reform kënnt, wou de ganzen Encadrement juridique, wou d'ganz Gouvernance ëmgeännert gëtt. An da mécht ee sech awer eng gewëssen Hoffnung, datt do wierklech e grousse Worf kënnt.

A wann een dann, Madamm Presidentin, e bësselchen an den Detail vun deem Projet ageet, da stellt ee fest, datt hei d'Gesetz op zwee mini Punkte geännert gëtt. Dat Éischt, an dat ass eigentlech symptomatesch, et gëtt gesot, déi Post heescht elo net méi „Entreprise des postes et télécommunications", mä si heescht „POST". Domadder maache mer dat, wat jiddwereen hei am Land scho laang weess, well wann een...

Mme Nancy Arendt *(CSV).*- Soulaang se d'Lidd net änneren!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- ...dobausse vun der Post schwätzt, ass et d'Post. An et war nach ëmmer d'Post. An et wäert och elo an Zukunft d'Post sinn. Duerfir maache mer also elo e Gesetz, fir dat éischtens hei festzeschreiwen.

An dann zweetens gëtt gesot: Jo, mir mussen elo d'Gouvernance adaptéieren, well déi ass den Zäiten net méi ugepasst. An da gi mer dohinner, d'Regierung, a si seet: Mir mussen a sech déi Direktiounsstrukture privatiséieren. An als Konterpartie gi mer dann dem Conseil d'administration méi Pouvoir.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, beim Här Schneider ass et ëmmer e bëssen esou, et ass ëmmer eng Virwëztut. Et weess een ni, ob, wa Schneider dropsteet, och Schneider dran ass.

(Interruption)

An hei ass et e bësselchen äänlech. Wann een elo emol genau do kucke geet, gëtt gesot, mir maachen elo eng nei Direktioun mat engem Generaldirekter, dee plein Pouvoiren huet an dee ganz eleng zoustänneg ass fir d'Gestioun vun där Entreprise.

Do muss ech Iech direkt soen, an ech mengen, dat ass quasiment an allen Avisen erausgaangen, Här Wirtschaftsminister, hei gi mer an eng komplett aner Richtung. Net nëmme wéi an deenen allermeeschten Établissement-publicken, mä och am gesamte Privatsecteur, an ech weess, Dir sidd e Mann, deen no beim Privatsecteur ass, wat och gutt ass, well mir mussen eis Regele ginn, déi och engem Privatsecteur adaptéiert sinn. Iwwerall do gesinn ech, och notamment am Finanzsecteur, datt mer vill méi an d'Direktioun erëm gi vun Direction-collégiallen. Och de Statsrot huet dat ënnerstrach.

Mir maachen also elo just hei de Contraire vun deem, wat mer bis elo ëmmer an allen ëffentlechen Etablissementer gemaach hunn, a mir maachen och de Contraire vun deem, wat an der Privatwirtschaft an der Privatwelt geschitt. An ech muss Iech soen, ech hu versicht ze verstoen, firwat datt just mir, dës Regierung, dohinnergeet an engem Generaldirekter hei wëllt quasiment all Kompetenzen iwwerdroen. Dat ass fir mech absolutt net aliichtend!

Da gëtt gesot: Jo, mä d'Konterpartie, de Conseil d'administration kritt awer elo vill méi breet Kompetenzen.

Abee, hutt Der Iech e bësselchen ugekuckt, wat fir Kompetenzen datt de Conseil d'administration kritt? Dee kritt déi Kompetenzen, déi all Conseil d'administration vun all Firma op dëser Welt kritt, näämlech d'Strategie vun der Entreprise ze definéieren, fir de Budget ze definéieren, fir d'Kollektivverträg mat den Employéen ze definéieren. Alles dat sinn, Madamm Presidentin, dach ganz normal Aufgaben, déi engem Conseil d'administration souwisou opleien.

Duerfir musst Der mir awer elo emol erklären, Här Minister, wou dann elo déi extraordinär zousätzlech Kompetenze vum Conseil d'administration do hierkommen. Fir mech ass dat absolutt net ersiichtlech an duerfir verstinn ech och net Är Argumentatioun op deem do Punkt.

Da kënnt awer fir eis den Haaptproblem. Hei gi mer elo dohinner a mir ginn engem Deel - ech soen, engem Deel - vun der Direktioun de Privatstatut. Do géif ech soen, Här Minister, Dir sidd vläicht an Ärer Jugend mat der Pressesioun zu Iechternach, mat der Sprangpressesioun gaangen, well Dir sidd hei dräi Schrëtt no vir gaangen an erëm zwee zréck. Well am ursprëngleche Projet war jo virgesinn, datt d'ganz Direktioun misst privatiséiert ginn. Dat heescht, datt all Direkteren, de Generaldirekter an all déi aner Direktere missten de privatrechtleche Statut hunn.

Nodeem dunn awer an den Avise relativ negativ Commentairen dozou komm sinn, sidd Der zréckgaangen. An elo hu mer nach vill méi eng onméiglech Situatioun, well elo hu mer op där enger Säit eng Direktioun, wou eng Rei Leit aus dem Privatsecteur sinn, an da kënnen der eventuell och do nach eng Rei aus dem Statssecteur sinn. Elo musst Der eis emol erklären, Här Minister, wéi dat soll fonctionnéieren, wa mer op där enger Säit Leit aus dem Privatsecteur no engem privatrechtleche Statut hunn a mer dann op där anerer nach Fonctionnairen hunn.

An da stelle sech och eng Rei Froen do fir eis. An déi wesentlech Fro ass déi: Wéi soll dat dann elo fonctionnéieren? Well déi Leit kréie jo, wann ech Iech richteg verstanen hunn, de Choix - dat heescht, déi Leit, déi am Moment bei der Post schaffen -, ob se an hirem Fonctionnairesstatut bleiwen, wat se jo kënnen, wann ech Iech richteg verstanen hunn; si kënnen awer och, wa se wëllen, an de privatrechtleche Statut eriwwerwiesselen.

Elo huele mer emol de Fall - an dat ass just eng Fro, déi ech hei wéilt opwerfen -, wou dann elo ee vun den aktuellen Direkteren, deen an engem Fonctionnairesstatut ass, sech seet: „Majo, ech froen elo Congé sans solde un an ech akzeptéieren en attendant e privatwirtschaftleche Statut." Dat ass vu vireran, Dir Dammen an Dir Hären, net auszeschléissen! Ech froe mech allerdéngs, wéi dat an der Praxis herno wäert fonctionnéieren.

Mä doriwwer eraus muss ech Iech soen, datt ech och fannen, datt dat schrecklech schwéier ze géréiere gëtt, wann een esou e bicéphallen Organe de direction huet, wou een där enger an där anerer huet. An ech muss Iech einfach soen, datt Der Iech do net konsequent genuch waart. Wann ee wierklech deen dote Wee wëllt goen, da muss een och vu virera soen: „Et komme just nëmme Leit, déi de privatrechtleche Statut hunn, an déi Direktioun."

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Firwat kënnt keng Propos?

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Mä, Här Schneider, mir sinn net an der Regierung! Dir...

(Hilarité)

Dir, jo…

(Interruption par M. Etienne Schneider)

Ma neen, mä da lauschtert…

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Ee Moment, ee Moment! Här Minister, wëllt Der eppes froen?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- Ech géif, Madamm Presidentin, den Här Mosar ganz gäre froen, fir wéi eng Léisung hien da war. Well ech war jo ëfters an der Chamberskommissioun an ech hunn do ni e Léisungsvirschlag héieren, weder vum Här Mosar nach vu soss engem vu senge Kolleegen. Duerfir wär ech dann awer frou,...

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Majo…

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.*- …wa mer vum geschätzten Här Mosar dann haut seng Léisungsvirschléi géifen héieren.

(Interruption)

Ech huele jo net un, dass Der just komm sidd, fir hei Cabaret ze maachen.

(Protestations)

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Madamm Presidentin,...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Sou, wann ech gelift! Also wann ech gelift…

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Bei iwwerflëssege Projete muss ee kee Géigevirschlag maachen.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- …nominéiert elo alleguer Är Proposen!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Madamm Presidentin,...

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Här Mosar, kommt, sidd elo cool a fuert elo virun!

(Hilarité générale)

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Merci, Madamm Presidentin, Dir wësst, ech sinn ëmmer e coole Mënsch.

(Interruptions)

Ech muss awer do mam Här… Dat do ass awer e bëssen elo hei… Wann den Här Schneider mir nogelauschtert hätt, ech ka mech un eng alleréischt Reunioun vun der zoustänneger Kommissioun erënneren, wou mer dra waren, do hunn ech direkt dem Minister gesot: „Mir fannen dat hei net dee richtege Wee!"

Firwat fanne mir et net dee richtege Wee? Wann Der mer e bësse méi Zäit ginn hätt, Här Minister, dann hätt Der et och verstanen: Hei gi mer elo hin a mir huelen een eenzelne Statsbetrib, en Établissement public, näämlech d'Post. A fir déi Post gi mer eis eng eegen Direktiounsstruktur, déi et soss néierens beim Stat an iergendwelchem Établissement public oder a soss iergendenger anerer Entreprise gëtt.

An do hu mir Iech gesot gehat - an dat wësst Der -, datt mer d'Impressioun hunn - an doriwwer kann een diskutéieren, Här Minister -, datt déi Direktiounsstrukturen, déi mer an eisen ëffentlechen Etablissementer hunn, net méi zäitgemëiss sinn. Da kommt, mir schwätzen doriwwer! Da kommt, mir féieren eng Kéier fundamental eng Diskussioun doriwwer! An da féiere mer och gläichzäiteg, Dir Dammen an Dir Hären, déi Diskussioun iwwert d'Administrateuren, déi staatlech Administrateuren an de staatleche Gesellschaften, op eng transparent Aart a Weis.

Mä wat Dir elo maacht: Dir pickt Iech elo een eenzelne Statsbetrib hei eraus an do maacht Der eng Adaptatioun an da kommt Der eis froen: „Jo, wéi hätt Dir et do gemaach?" Mir soen Iech ganz kloer, datt mer dat do net gemaach hätten, mä datt mir eis awer net enger Diskussioun verwieren, wou een eng Kéier global iwwert déi doten Thematik schwätzt, well se eiser Meenung no och noutwendeg ass.

Mä wat maache mer elo? Hei kréien elo eenzel Persounen, Direkteren, déi an dee privatrechtleche Statut kommen, e Statut, wat et soss néierens an der ganzer Fonction publique gëtt. Elo soen ech Iech awer, datt een an aneren Etablissementer - wéi an der Spuerkeess zum Beispill, et gëtt och vill anerer - sech och kéint Froe stellen.

A mir hunn iwwerall, an dat wëll ech och hei am Numm vu menger Fraktioun betounen, exzellent Leit an eisen ëffentlechen Administratiounen, an eisen ëffentlechen Établissement-publicken. Firwat gi mer dann elo just hei eenzelnen Direkteren, Dir Dammen an Dir Hären, en extrae Bonbon an all déi aner kënne kucken, datt se eens ginn? Dat fanne mir einfach net richteg. Dat huet och näischt mat der Gläichheet vun de Fonctionnairë virum Gesetz ze dinn. An duerfir kënne mir och mat deene proposéierte Modifikatiounen net averstane sinn.

Doriwwer eraus, an ech widderhuelen et nach eng Kéier, fir datt et och kloer ass, verspäre mir eis net enger Diskussioun iwwert déi ganz Thematik vun den Administrateuren an de staatleche Gesellschaften, vun de Structure-de-gestionen, vun den Établissement-publicken. Kommt, mir kucken dat eng Kéier! A mir si gär bereet, do positiv matzeschaffen.

Madamm Presidentin, ech kommen zum Schluss. Dir verstitt, datt d'CSV-Fraktioun ënnert deenen dote Konditiounen dee Projet net ka matstëmmen. Mir fannen, datt dee Projet de loi kee grousse Worf ass, datt en eis Post och net wäert weiderbréngen a se haaptsächlech net wäert op déi grouss Erausfuerderunge vun der Zukunft virbereeden.

Derniewent, dat wëlle mer Iech awer och soen, Här Wirtschaftsminister, hu mir e Problem mat där Aart a Weis, wéi d'Regierung Politik an der Post a mat der Post mécht. An do erlaabt mer awer, nach eng Rei vu Punkten ze widderhuelen.

Dir gitt dohinner - Dir, d'Post - an Dir maacht emol einfach 35 Postbüroen, praktesch also en Drëttel vun alle Postbüroen an dësem Land, zou an Dir verschlechtert domadder de Service un de Clienten, zumindest a groussen Deeler vun eisem Land.

Doduerch schaaft Der eng zousätzlech Belaaschtung fir déi Bréifdréier, déi méi Aarbecht kréien, déi méi eng grouss Responsabilitéit an Zukunft wäerten hunn, an da gitt Der, Madamm Presidentin, duerch dëst Gesetz dohinner, Dir privatiséiert d'Direktioun vun der Post an Dir kreéiert Direkteren, déi an Zukunft e Kostüm, awer haaptsächlech eng Pai op d'Mooss „geschneidert" kréien.

(Hilarité)

Madamm Presidentin, dat ass d'sozialistesch Wirtschaftspolitik! Mat där kënne mir net d'accord sinn an duerfir wäerte mir dëse Projet net stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Mosar. Als nächst ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Joëlle Elvinger. Madamm Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

Mme Joëlle Elvinger *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Zu engem moderne Stat gehéiert och eng modern Post. Déi aktuell Strukture vun der Post stamen nach aus dem Joer 1992. Säitdeem huet sech awer munches geännert an deem Secteur, wou d'Post operéiert. Villes gëtt oft net méi per Post verschéckt, mä per Mail. Jiddwereen huet ewell en Handy a schreift SMSen oder WhatsApp-Messagen. D'Post bitt och ewell Televisiounsprogrammer un.

Déi gréisst Erausfuerderung fir d'Post ass awer, dass duerch d'Liberaliséierung grouss international Akteuren déiselwecht Servicer wéi d'Post ubidden, sief dat an der Telekommunikatioun, beim Fernseh oder souguer beim Bréifverkéier. D'Zäiten, wou eis Lëtzebuerger Post de Monopol hei am Land hat, sinn definitiv eriwwer. Duerfir gëtt et héich Zäit, dass d'Post sech méi

modern Strukture gëtt, déi et hir erlaben, sech un de Marché unzepassen a konkurrenzfäeg ze bleiwen. Dëst Gesetz gëtt der Post d'Moyenen, fir sech um Marché géint hir Konkurrente kënnen duerchzesetzen.

Madamm Presidentin, zu engem moderne Stat geheiert net nëmmen eng modern Post, mä och eng Post, déi permanent innovéiert. D'DP ass nach ëmmer fir e modernen a performante Statsapparat gewiescht, deen am Déngscht vum Bierger steet. D'Post als Établissement public, wou de Stat deen eenzegen Aktionär ass, däerf do keng Ausnam sinn. D'Post huet awer e kommerziellen Objet a muss sech dowéinst op engem haart ëmkämpfte Marché duerchschloen.

D'Post muss awer och en ëffentlechen Déngscht garantéieren a si ass verflicht, de sougenannten „service universel" ze leeschten. Dat heescht, dass all Bierger seng Post muss kréien, an dat fënnef Deeg an der Woch, ob en an der Stad, zu Keel oder zu Knapphouschent wunnt. Dëst ass eng Obligatioun, déi hir Konkurrenten net mussen erfëllen. Déi sinn éischter un deene lukrative Marchéen interesséiert, zum Beispill wou ee Client vill Bréiwer an engem klengen Ëmkrees verschéckt. Dëst nennt een dann en „cherry-picking", an doduerch ginn der Post natierlech vill interessant Clientë verluer.

D'Liberaliséierung vum Marché ass awer och eng Chance fir eis Post. Si gouf obligéiert, sech komplett nei opzestellen, fir méi effikass a méi clientsfrëndlech ze funktionéieren, an dat net nëmmen am Beräich vum Courrier, mä och bei den Internet- an Télefonsservicer. Dernieft huet si sech gutt opgestallt, fir d'Päck un de Mann ze brëngen, entweder heemgeliwwert oder an eng vun eisen neie PackUp-Statiounen.

Well den Onlineshopping ëmmer méi eng grouss Roll am Liewe vun de Konsumente spillt, ass dat e Secteur, dee stänneg wiisst a wou ee muss um Ball bleiwen. Obwuel d'Post an all deene Beräicher de Monopol verluer huet, ass si awer net d'Baach agaangen, mä ganz am Géigendeel: Si huet innovéiert an zousätzlech nei Leit agestallt. D'Post ass haut deen zweetgréissten Employeur am Land a beschäftegt ronn 4.300 Leit.

Dobäi muss ee bedenken, dass d'Post haaptsächlech um Lëtzebuerger Marché aktiv ass. Dëst ass e ganz klenge Marché, also och manner rentabel, wéi wann een europa- oder weltwäit seng Servicer kann ubidden, wéi dat déi meescht vun hire Konkurrente maachen. Duerfir muss d'Post kucken, dass se permanent nei Produiten ubitt, fir eventuell Verloschter an anere Beräicher ze kompenséieren.

Madamm Presidentin, et ass deemno immens wichteg, dass d'Post sech esou opstelle kann, dass si eng Chance huet, um fräie Maart ze bestoen. An dëst Gesetz ass e weidere Schratt an dës Richtung.

Zu deem Moderniséierungsprozess geheiert och, dass d'Post elo net méi Entreprise des Postes et Télécommunications heescht, wat jo effektiv e bëssen almoudesch kléngt, mä ganz einfach POST Luxembourg, esou wéi se am Fong scho säit ëmmer vun de Leit genannt gouf. Dësen Numm gëtt jo och schonn offiziell benotzt, zënter dass d'Post hir Identité visuelle virun zwee Joer erneiert huet. Duerch dëst Gesetz wäert dann och elo hir Dénomination juridique offiziell POST Luxembourg sinn.

Wann ee sech um fräie Maart muss géint international Konkurrenten duerchsetzen, da brauch een eng Opstellung, déi et engem erméiglecht, kompetitiv ze sinn. An duerfir muss déi Opstellung méi där vun enger kommerzieller Firma gläichen ewéi där vun engem Statsbetrib. D'Post an hir Filiale musse kënne séier reagéieren, fir effikass ze wirtschaften. Duerfir begréissen ech och, dass d'Mobilitéit innerhalb vum Grupp POST vereinfacht gëtt. Ech wëll awer och hei betounen, dass et hei net drëms geet, d'Leit strofzeversetzen op eng Plaz, wou se géife versaueren. Neen, et geet drëms, dass d'Post d'Méiglechkeet huet, fir hir Spezialisten do anzesetzen, wou hir Kompetenzen am meeschte gebraucht ginn a wou se dem Betrib weiderhëllefen.

Dës Mobilitéit ass och eng Opportunitéit fir d'Personal, selwer méi Servicer vun hirem Betrib kennenzeléieren a sech esou perséinlech weiderzëentwéckelen. Ech sinn och der Meenung, dass de Patron kee wäert forcéieren, enzwousch schaffen ze goen, wou e partout net hiwëllt. Et ass jo bekannt, dass en demotivéierte Salarié ouni Moral keng gutt Leeschtung ka brëngen, an domadder ass finalement jo och kengem gehollef.

Madamm Presidentin, bei dësem Projet de loi geet et awer och virun allem drëms, d'Gouvernance, also d'Direktioun vun der Post ze moderniséieren. Dobäi gëtt sech un de Praktike vum Privatsecteur orientéiert. Dat gefält net jiddwerengem. Mä ech muss lech soen, dass, wann een en Direkter, deen Erfahrung a Kompetenzen an engem ganz spezifesche Beräich huet, op Lëtzebuerg wëllt lackelen, da kritt een deen net iwwerzeegt, wann een e fonctionnariséiere muss. Esouguer d'Kritiker vun dësem Projet soen: D'Post brauch och Experten aus dem Privatsecteur. Där Meenung sinn ech och. Mä déi Experte kritt een nëmme rekrutéiert, wann ee se och uerdentlech bezilt - dat weess all Betrib, deen op der Sich no kompetente Mataarbechter ass -, an déi wëllen an der Regel net onbedéngt Statsbeamte sinn.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et ass also elo esou, dass an dësem Projet de loi déi zukünfteg Direkteren an d'Directeur-adjointen de Choix wäerten hunn, ob se wëllen de Statsbeamtestatut hunn oder als Employé privé agestallt ginn. Sou ass näämlech séchergestallt, dass déi aktuell Membere vun der Direktioun och no hirem Mandat nach weiderhi kënnen an der Direktioun bleiwen. Zudeem erméiglecht et engem Beamten, dee schonns laang am Betrib täteg ass an deen a Fro kënnt, fir an de Comité exécutif opzesteigen, säi Fonctionnairesstatut ze behalen, wann hien dat esou wëllt.

Dëst Gesetz gesäit implizitt och vir, dass en Netlëtzebuerger Direkter vun der Post kéint ginn. Dat ass net ganz onëmstridden. Ech sinn awer der Meenung, dass ee fir eng bestëmmte Plaz dee Beschte soll huelen an dobäi soll d'Nationalitéit keng Barrière sinn. Mir liewen a schaffen an engem klengen an oppene Land, an do fënnt een net ëmmer déi ideal Persoun hei zu Lëtzebuerg.

A si mir net houfreg, wann ee Lëtzebuerger am Ausland Erfolleg huet, zum Beispill an enger Schwäizer Aueremark? Ech fannen et am Sënn vun eiser Post, wa si déi beschtméiglech Persounen op wichtegen a strategesche Plaze ka rekrutéieren, wat jo doriwwer eraus nach laang net heescht, dass déi bescht Persoun net och kann e Lëtzebuerger sinn.

De Generaldirekter wäert och an Zukunft perséinlech méi Pouvoir, mä och méi Responsabilitéiten hunn. Op där anerer Säit gëtt awer och de Conseil d'administration als Géigegewiicht gestäerkt. Et ass näämlech de Verwaltungsrot, deen d'Strategie vun der Gesellschaft, de Budget, d'Comptes annuels, d'Kreatioun vun neie Filialen, d'Participatioun vun der Post an anere Gesellschaften, den Organigramm an och d'Kollektivverträg muss approuvéieren. Et ass also esou, dass den neie Comité exécutif all relevant Ugeleeënheete muss vum Conseil d'administration ofseene loossen.

Dernieft wäert et dem Verwaltungsrot och an Zukunft méiglech sinn, e Comité d'audit, e Comité des risques an e Comité de nomination et de rémunération an d'Liewen ze ruffen. Aner Aufgabe vum Conseil sinn et, eng Charte de bonne gouvernance a säi Règlement intérieur ze definéieren. Dat alles si gängeg Praxissen an der Privatwirtschaft a si erlaben et enger Gesellschaft, optimal ze funktionéieren. Niewent deem ass et och de Verwaltungsrot, deen de Generaldirekter an d'Direktere ka licenciéieren an och hir Paie bestëmmen, falls si net ënnert dem Statut vum Statsbeamten agestallt goufen.

Wat mir och ganz wichteg ass a wat ech nach eng Kéier hei wëll widderhuelen, ass: De Sozialdialog op allen Niveaue gradesou wéi d'Participatioun vun de Vertrieder vum Personal am Verwaltungsrot bleiwe weiderhi bestoen. Dëst ass en Acquis, dee fest an der DNA vun der Post verankert ass an dee sech och net ännere wäert.

Här President, vill Leit maache sech Suergen, dass d'Post duerch hir Moderniséierungsphas iergendwann eng Kéier verschwënnt, besonnesch well kierzlech annoncéiert gouf, dass onrentabel Büroen zougemaach ginn. Ech soen lech: Wa se dee Wee do net géif goen, da wier de Risiko vill méi grouss, dass d'Post iergendwann géif verschwannen. Duerfir, och wann dat net jiddwerengem gefält: Et ass eng Nécessitéit, dass d'Post sech adaptéiert, fir un hir Konkurrenz erunzekommen.

Fir effizient a schnell ze handelen an och kënnen an Zukunft op nei Erausfuerderungen ze reagéieren, brauch d'Post näämlech eng modern an effikass Struktur. Dëse Gesetzesprojet ass e klengen Deel vun deem Moderniséierungsprozess.

Dëst gesot, soen ech dem Rapporteur Claude Haagen villmools Merci fir säi gudde schréftlechen an och mëndleche Rapport. Awer och dem Här Allegrezza soen ech Merci fir déi vill gutt a wäertvoll Informatiounen, déi mer an der Chamberskommissioun kritt hunn.

(Approbations)

An zum Schluss ginn ech dann och nach den Accord vun der Demokratescher Partei a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Elvinger. An d'Wuert huet elo direkt den Här Gérard Anzia.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Merci, Här President, ech wäert et ganz kuerz maachen. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, een, jo, ee grousse Merci un de Claude Haagen fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. An ech wéilt just véier Punkten erausgräifen aus dësem Projet de loi an eng Klamer opmaachen.

Zu de Punkten. Fir d'Éischt: D'Entreprise des Postes et Télécommunications kritt no 24 Joer eng nei legislativ Basis, déi der Praxis vun enger kommerzieller Gesellschaft méi gerecht gëtt.

Deen zweete Punkt. Et ginn ënner anerem d'Kompetenzen an d'Befugnisser vum Generaldirekter erweidert, fir d'POST Luxembourg - dat ass déi nei Bezeechnung, ënnert där an Zukunft also all déi Servicer vun der Post kënne vermaart ginn -, also fir d'Entreprise POST an der Zukunft ze féiere mat de besteeënde Contrainten op engem Maart, deen dauernd änert.

Drëttens: Dës Erausfuerderungen also un en dereguléierten, staark ëmkämpfte Maart, sief et de Marché vun der Telekommunikatioun - do ass de Maart ganz staark ëmkämpft -, sief et am Beräich vum Courrier, dat och am Kommen ass, sinn also grouss, vill méi grouss nach wéi viru méi wéi 20 Joer. An duerfir musse mir eis Post nei opstellen. Si muss nei opgestallt ginn, fir kënnen heirop ze reagéieren, och vis-à-vis vun neien nach ze schafende Servicer.

Déi véiert Saach: D'Post muss awer och an Zukunft, an dat ass och esou am Gesetzestext ganz kloer erausgestrach ginn, hir Responsabilitéit als Service public wouerhuelen an, wéi an der Vergaangenheet, den Dialogue social an der Entreprise an d'Participatioun vun hirem Personal héichhalen, am Sënn vun enger staarker sozialer Responsabilitéit vun der Entreprise.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen elo schonn zu menger Klamer. Mir wëllen alleguerten an Zukunft vun engem gudde Service vun der Post profitéieren, an dat an deenen dräi Haaptberäicher, wéi mir se kennen. Dat ass natierlech am Courrier, bei de Finanzen an awer och an der Telekommunikatioun. Déi zwee éischt Servicer maache mir awer als Gemengeresponsabele vun enger Landgemeng natierlech Suergen, well och eise Postbüro ee vun deene 35 ass, déi elo wäerten am Abrëll dëst Joer zougemaach ginn.

Net méi spéit wéi de Moien hate meng Kolleegen aus dem Schäfferot vun Useldeng eng Entrevue mat de Responsabele vun der Post, fir Ersatzléisunge fir eis Bierger ze fannen. Mä dat ass awer leider net esou einfach. D'Propose leien um Dësch: d'Integratioun an e lokale Supermarché, eng PackUp-Statioun, Boîte-postallen, Boîtes postalles rouges, déi méi spéit kënnen nach eidel gemaach ginn an esou weider an esou fort. Affaire à suivre, géif een do op enger anerer Antenn soen. An domat géif ech awer och scho meng Klamer hei zoumaachen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif domat den Accord schlussendlech hei erabréngen zu dësem Gesetzesprojet, also dee vun der grénger Fraktioun. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Anzia. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, richteg ass, datt mer net méi vun „der Post" sollte schwätzen, mä vun „de Posten". Natierlech gëtt et déi Post, déi an diversifiéiert Beräicher investéiert, Softwarefirmen opkeeft, Greco, alles dat ass wonnerbar. An ech ka mech als Radikalliberalen nëmmen ufrënde mat der Iddi, datt een déi Betriber och sollt kommerziell féieren.

Mä et gëtt eng aner Post. An dat ass déi Post, déi den Här Schneider e bësse méi vergësst, an dat ass d'Post vum Service public.

(Interruption)

An dat huet natierlech…

(Interruption)

D'Iddi vum Établissement public héichzehalen, huet natierlech Konsequenzen, souwuel wat d'Gouvernance ugeet vun der Firma wéi och wat de Fong ugeet, wat d'Post esou alles mécht oder maache soll.

Fir d'Éischt emol an der Struktur. Do kann ech mech nëmmen dem Avis uschléisse vun der Chamber vun de Fonctionnairen an den ëffentleche Beamten, déi drop higewisen huet, datt eng Mission de service public eng Impartialitéit, eng Neutralitéit, eng Égalité de traitement an esou weider virgesäit. A se huet concluéiert: «Le choix du statut des membres du cadre dirigeant d'un établissement public ne saurait donc être laissé à l'humeur du jour du pouvoir de nomination ou à des considérations étrangères à la notion de service public. (…) et doit rester soumis aux dispositions du statut général des fonctionnaires de l'État.»

Deem kann ech mech nëmmen uschléissen. An domadder wier och d'Fro vun der Nationalitéit geregelt, well selbstverständlech esou eng Fonctioun nëmme vun engem Lëtzebuerger iwwerholl ka ginn.

Wat elo de Fong ugeet vun der Post, hate mer schonn dovun hei rieds virun net allze laanger Zäit am Plenum. An ech wëll dem Minister alt nees eng Kéier de Pleséier maachen, mech kritiséieren ze däerfen, well ech hei Saachen uschwätzen, déi net an der Kommissioun ugeschwat gi sinn. Dat ass, well ech déi wëll dem Plenum reservéieren.

Ech hunn eng exzellent Informantin, an déi huet mer Folgendes zougedroen. Si ass 75 Joer al.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Roy Reding *(ADR)*.- Si wunnt an der Rue Notre-Dame hei an der Stad, an der Ënneschtgaass.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Är Mamm?

M. Roy Reding *(ADR)*.- A si kritt alt heiansdo Recommandéen oder e Pak. Jo, Madamm Loschetter, ganz genau, et ass meng Mamm. Jo!

(Brouhaha)

Duerfir, eng ganz zouverlässeg Informantin.

A well meng Mamm mam Rollator ënnerwee ass, ass se net ëmmer esou séier bei der Dier oder beim Ëffner, wann emol geschellt gëtt, an da fënnt se an hirer Bréifkëscht en Ziedelchen, si soll dach, wann ech gelift, hire Recommandé oder hire Pak siche goen an zwar op d'Post op d'Gare. Do muss ee mer erklären, wou do d'Notioun vu Service geschweig da vu Service public ass, wann een d'Leit esou uechtert d'Land an uechtert d'Stad hetzt. Mä dat ass vläicht eng Fro vu Mobilitéit.

D'leschte Kéier hate mer hei rieds iwwert déi 35 Büroen, déi zougemaach ginn. Och haut si se nees eng Kéier ugeschwat ginn. Ech kommen nach eng Kéier dorop zréck. Et ass gesot ginn: „Jo, déi Büroe si schlecht a Schoss. Si gesi lamentabel aus. Si sinn nëmmen eng hallef Stonn, eng Stonn oder annerhallef Stonn op. Wie soll déi schonn notzen? Si maachen nëmme 5% vun eisem Chiffre d'affaires." An esou weider an esou weider, also maache mer se zou an also gi mer op d'Tankstellen oder a Supermarchée Postguicheten opmaachen.

Mä et kann een de Spiiss ëmdréien. Géif een d'Notioun vu Service public eescht huelen, da wieren déi Postbüroen an engem gudden Zoustand, si wieren aacht, wann net zéng, wann net zwielef Stonnen op fir de Consommateur. Si géife vläicht zousätzlech Servicer ubidden. Ech kéint mer virstellen, datt een iwwer Land op Postbüroen, wou et zum Beispill keng Épicerie méi gëtt, eng Épicerie géif opmaachen.

Anstatt datt ee mat der Post bei de Cactus geet, hätt d'Post kënne soen: „Ma kommt, mir bidden iwwer Land Servicer un, déi et do soss net gëtt." Dat wier natierlech e soziale Gedanken. Dat wier e Gedanken, deen net géif reng un der Rentabilitéit vun engem kommerzielle Betrib hänken. An dat wier ee Gedanken, deen der Mission d'établissement public géif gerecht ginn. An dat wier eppes…

(Interruption)

Ech hunn d'Impressioun, Här President, do wëllt ee mer eng Fro stellen. Ech héieren et awer net.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Ech hätt wierklech eng Fro.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ah, wann den Här Reding do dermat d'accord ass?

M. Roy Reding *(ADR)*.- Majo, ech hu jo nach vill Riedezäit, selbstverständlech!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Wann den Här Reding déi Iddi do développéiert, da sinn déi Postbüroen, wou d'ailleurs kee Mënsch higeet, dofir si se jo zougemaach ginn, an net well Schlaange voller Leit virdru stinn, mä wann een da géif an Ärer Logik schaffen an dann elo do Supermarchéen nach mat dramécht, oder Épicerien oder wat, géif dann de Beamte vun der Post Épicier och nach spillen? Dat ass just meng Fro, déi ech un lech hunn.

M. Roy Reding *(ADR).-* Ech mengen, déi Leit, déi bei der Post schaffen, wiere frou, wa se hir Aarbecht behalen. Si si ganz bestëmmt frou, wa se sozial kënne schaffen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Se behalen all hir Aarbecht, Dir wësst…

M. Roy Reding *(ADR).-* An anstatt datt ech engem anere private Betrib de Postbüro ginn, kann ech de Spiiss ëmdréien an an Dierfer, wou et keng Épicerie méi gëtt, wou d'Leit fir ee Liter Mëllech mussen an d'Nopeschduerf fueren - ech soen, dat muss ee sech einfach emol eng Kéier iwwerleeën -, wou se näischt kréien, wou se näischt kënne kréien, Leit, déi net méi kënne mam Auto fueren, wou Busser nëmmen all puer Stonne fueren, genau do hätt een dach duerchaus kënnen iwwer esou complémentaire Servicer diskutéieren.

Ech denken net, datt d'Leit vun der Post sech deem verschloss hätten. Ech denken, datt se dat léiwer gehat hätten, wéi datt se derzou degradéiert ginn, Schantecher ze iwwerwaachen, wärend iergendwellech Aushëllefsbréifdréier agestallt ginn, fir d'Bréiwer auszedroen. Och dat…

(Interruption)

…ass e Fakt ënner Privatstatut. Ech mengen, dat wësse mer alleguerten, datt dat esou ass.

Jo, Här Schneider.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Här President, wann Der erlaabt. Éischtens emol, dat do gëtt et schonn, well de Cactus Shoppi ass am Haaptgebai vun der Post. Also hu mer dat.

An dann hutt Der mer nach ëmmer net op meng Fro geäntwert: Ass de Postbeamten dann deen, deen dem Client a senger Épicerie e Liter Mëllech oder e Pond Gehacktes verkeeft? Äntwert mer dorobber!

(Interruption)

M. Roy Reding *(ADR).-* Jo. Wie verkeeft Timbere beim Cactus…

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Majo de Cactus!

M. Roy Reding *(ADR).-* …a PackUp-Statiounen, op den...?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Majo, de Cactus! An de Postbeamten…

(Interruption)

M. Roy Reding *(ADR).-* Wie mécht et op der Tankstell?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Et ass kee Postbeamte vu kengem vun deene Büroen, dee säin Job verléiert, Här Reding.

M. Roy Reding *(ADR).-* Jo, säin Job. Also den Job vu Bréifdréier, do sinn der ganz vill, déi dee verluer hunn, well se eben net méi kënnen déi sozial wichteg Fonctioun vum Bréifdréier erfëllen, well do Leit agestallt gi mat Zäitaarbechtsverträg op zwee Joer, Leit ënner Privatstatut an esou weider. Dir kënnt hei de Leit net Sand an d'Ae streeën! D'Leit wëssen dobausse ganz genau, wien hire Bréifdréier ass. Si sinn och frou mat hirem Bréifdréier. An hire Bréifdréier ass och frou, eng sozial…

(Brouhaha)

...Fonctioun ze erfëllen. Mä mir hu jiddefalls als ADR eng aner Meenung vu Service a vu Service public wéi Dir, Här Minister.

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Bon, Här President, zënter dem Gesetz vun 1992 ass d'Post jo en Établissement public, dee kommerziell Aktivitéiten huet. Déi Ännerung un deem Gesetz vun 1992, déi mer hei virhuelen, betrëfft an hiren Haaptpunkten déi décisionnel Strukture vun der Post.

Fir eis muss all Ännerung, déi hei virgeholl gëtt, ënnert dem Aspekt gekuckt ginn, ob doduerch d'Méiglechkeet geséchert ass, dëse wichtegen ëffentlechen an universelle Service ze verbesseren, an ob déi Décisiounen, déi da geholl ginn, och transparent an novollzéibar sinn am Intérêt vun de Bierger a vun deene Leit, déi an deem Betrib schaffen.

Eng éischt grouss Ännerung, déi och schonn hei vill kommentéiert gouf, ass d'Erweiderung vun de Pouvoire vum Generaldirekter, deen elo selwer, net méi d'Regierung, déi aner Direkteren nominéiert. Den aktuelle Comité de direction, dee kollegial funktionéiert huet, gëtt also gestrach an duerch eng eenzeg Persoun ersat: de Generaldirekter. An dat hu souwuel de Statsrot wéi d'Chambre des Fonctionnaires wéi och verschidde Virriedner a Fro gestallt, zu Recht a Fro gestallt, notamment well et aner vergläichbar Beispiller gëtt, och am ëffentlechen Déngscht, wéi bei der Spuerkeess, wou déi kollegial Direktioun als Garant gëllt fir eng gutt Gouvernance.

Et ass aus deenen Texter, déi eis hei virleien, kee Grond ersiichtlech, firwat net och dat weiderhi fir d'Post gëlle soll respektiv wat un där kollegialer Direktioun, déi d'Post bis elo hat, net gutt an net effikass gewiescht wier.

Eng weider Ännerung betrëfft de Statut vun den Direkteren, déi elo entweder privatrechtlech oder ënner ëffentlechem Statut kënnen agestallt ginn. Am Ufank war virgesinn, se ganz privat anzestellen, wat jo och schonn eigentlech weist, wat d'Philosophie vun deem Gesetz hei ass. Ech mengen, wann d'Direktere vun engem Établissement public e private Statut hunn, da seet dat och iergendwéi eppes aus iwwert d'Konzeptioun vun deene Servicer, déi sollen ugebuede ginn an déi jo awer ëmmerhi sollen eng Vocation de service public an universel hunn, zumindest awer missen am Intérêt général getätegt ginn.

Mir mengen, dass d'Regierung hei wesentlech Deeler vun hirer Verantwortung par rapport zu deem ëffentleche Betrib opgëtt, dat souwuel wat d'Nominatioun vun den Direkteren ugeet ewéi och d'Décisioun iwwert d'Salairë vun den Direkteren, déi, wa se am Privatstatut sinn, net méi vum Gesetz festgeluecht ginn, mä vum Conseil d'administration wäerte festgeluecht ginn.

D'Regierung entzitt sech hei am Fong geholl hirer ekonomescher Verantwortung a verstoppt sech quasi hanner engem Conseil d'administration. Si huet dat iwwregens och scho gemaach an deem Débat, dee mer virdrun haten iwwert d'Zoumaache vu gewëssene Postbüroen, wou jo och de Minister sech ëmmer drop beruff huet, dass dat esou am Conseil d'administration décidéiert gi wier.

Esou gesäit deen heiten Text och net méi vir, dass d'Regierung hiren Aval muss ginn, wann décidéiert gëtt, dass d'Post Deeler vun hire Participatiounen un aneren ëffentlechen oder private Betriber muss opginn, och wann et duerfir eng Dräivéirelsmajoritéit am Conseil d'administration muss weiderhin nach ginn.

Am Artikel 3 vun dësem Gesetz steet neierdéngs, „l'entreprise a pour objet la prestation, seule ou en participation de services postaux", den Telekommunikationen, de Services financiers. Also och hei gëtt d'Dier opgemaach fir en eventuellen Outsourcing vu Käraktivitéite vun der Post. Ech wëll net soen, dass dat muer d'Intentioun ass vun der Regierung, mä op d'mannst gëtt déi Méiglechkeet hei explizitt drageschriwwen.

E weideren negativen Aspekt ass d'Beschneidung vun de Rechter vun de Personaldelegéierten. Bis elo war et esou, dass d'Personalvertrieder am Verwaltungsrot prinzipiell a ganz wäite Beräicher, besonnesch wann et ëm d'Personalfroe gaangen ass, vum Secret entbonne waren. Dat soll elo änneren. Elo gëllt de Secret absolutt, wat awer, wéi een aus der Erfahrung weess, e ganz grousse Problem duerstellt, wann ee wëllt effikass d'Intérête vum Personal an esou engem Conseil d'administration vertrieden.

Och ass beim Transfert vun ëffentleche Beamten a Privatgesellschaften, un deenen d'Post bedeelegt ass, kee Garde-fou agebaut.

Här President, souwuel d'Chambre des Fonctionnaires wéi och d'Chambre des Salariés warne virun enger inhärenter Privatiséierungstendenz, déi vun deem heite Gesetz ausgeet. D'Post schéngt eng Aart Holdinggesellschaft ze ginn, déi sech ëmmer weider vun hiren ëffentleche Missiounen entfernt.

An der Kommissiounssitzung vum 17. September 2015 huet d'CSV suggeréiert, eng Société anonyme avec participation de l'État ze grënnen amplaz vun där aktueller Struktur. Dat huet den Här Mosar net gesot. Ech fanne just, dass d'LSAP mat där onméiglecher Struktur, déi se hei opriicht, et der CSV zimlech einfach mécht, sech hei zum Vertrieder vun de Services publics opzespillen. Dobäi huet si selwer virgeschloen, eng Société anonyme aus der Post ze maachen.

Une voix.- Ah!

Une autre voix.- Très bien!

(Brouhaha)

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Bon, mer lauschteren dann, wat den Här Mosar dozou seet. Ech hunn et op jidde Fall schwaarz op wäiss hei leien.

(Interruption)

An allen Diskussiounen, déi mer an deene leschte 25 Joer hei an der Chamber haten,…

(Interruptions)

Här President, an allen Diskussiounen, déi mer ëmmer hei haten an de leschte 25 Joer, ass ëmmer geschwat ginn, vun alle Regierungen, ech ka mech nach un den Här Biltgen erënneren, deen dovunner geschwat huet, vun deem enorme Liberaliséierungsdrock, deen et géif ginn um europäeschen Niveau. An et ass ëmmer betount ginn, wéi daper sech déi eenzel Regierunge géint dee Liberaliséierungsdrock gewiert hunn.

Abee, hei hu mer et net mat Liberaliséierungsdrock vu Bréissel ze dinn. Hei ass eng Entscheedung, déi dës Regierung hëlt, fir d'Struktur vun der Post an deem Sënn ze änneren, wéi mer se hei diskutéieren, a fir domadder d'Paart wäit opzemaachen a Richtung zukünfteg Privatiséierunge vun Aktivitéiten, déi jo awer ganz wichteg si fir de Service public dobaussen, fir un d'Leit ze kommen a fir virun allem un d'Leit ze kommen iwwerall do, wou d'Leit wunnen - och mat Postbüroen, iwwregens, net nëmme mat Bréifboîten a mat Package-Statiounen, déi dorëmmer an der Landschaft opgeriicht ginn.

A mer fannen, dass hei déi Struktur guer net deem Rechnung dréit, wat eigentlech misst en ëffentleche Service an Zukunft leeschten. Mir gesinn net d'Plus-value vun deem, wat hei soll agefouert ginn. An duerfir wäerte mer och géint dat Gesetz hei stëmmen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm an d'Wuert huet direkt den zoustännege Minister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif da proposéieren, dass vläicht den Här Mosar d'Wuert nach eng Kéier kritt, fir ze erklären, wéi dat sech da verhält, dass d'CSV wollt eng Entreprise privée aus der Post maachen an elo haut dat net méi wëllt maachen. Dat huet wahrscheinlech domat ze dinn, dass se haut an der Oppositioun sinn.

Plusieurs voix.- Ooh!

Mme Octavie Modert *(CSV).-* D'Regierung hätt jo missen eng SA virschloen. Si wëllt jo SA-Paien ausdeelen do.

(Interruptions)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Wahrscheinlech dach!

Zu deenen zwee Haaptpunkten, déi den Här Mosar an och anerer oder bal alleguerte vun der Oppositioun hei opgeworf hunn, Folgendes:

Dat Éischt: Bei deem, wat de Statut vun den Direkteren ugeet, musst Der wëssen, dass de Moment ronn 50% am Statut public a 50% am Statut privé bei der Post schaffen.

Déi aktuell Regelung, déi just de Statut public virgesäit fir an d'Generaldirektioun, ass diskriminatoresch, Här Mosar, an erlaabt also der Halschent vun de Mataarbechter bei der Post net, eng Carrière kënnen ze maachen an der Direktioun vun der Post. An dofir hu mer dat Gesetz geännert an hunn d'Méiglechkeet opgemaach, fir déi zwou Forme vu Statutten, dat heescht souwuel dee vum Privé wéi dee vum Public zouzeloossen, fir dass jiddwereen, deen an der Post eng gutt Aarbecht leescht, och d'Méiglechkeet huet, an d'Generaldirektioun kënnen eropzewiesselen, an och fir dass déi, déi aus dem Statut public eropwiesselen, net mussen oder net gezwonge ginn, dann hire Statut opzeginn, fir dat kënnen ze maachen.

Also ergo ass déi aktuell Gesetzgebung diskriminatoresch. A mir wollten dat ofschafen a mir hunn dofir déi zwee Statutten zougelooss. An do gëtt och kee forcéiert, deen een oder deen anere Statut unzehuelen. An ech menge jo, dass dat eigentlech am Intérêt vun all Mataarbechter vun der Post misst sinn.

Zu deem zweete Punkt, deen Der ugeschwat hutt...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Här Minister, erlaabt Der dem Här Mosar, eng Fro ze stellen?

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Jo, selbstverständlech. Den Här Mosar erkläert eis, firwat e fir de Statut privé war.

M. Laurent Mosar *(CSV).-* Ech wollt dem Här Minister awer eng Fro stellen, well en elo hei mat engem neien Element kënnt. An ech sinn do e bëssen erstaunt, well, Här Minister, an Ärem urspréngleche Projet de loi sollten an d'Direktioun just Leit aus dem Privatsecteur kommen. An op d'Kriticke vun eenzelne Chambre-professionnellen an no Diskussiounen an der zoustänneger Kommissioun ass dunn décidéiert ginn, datt ee sollt déi zwee Systemer, déi zwee Statutten niewentenee lafe loossen.

Dat heescht, wann dat richteg ass, wat Der sot, dann hätt Dir also e Projet de loi deponéiert, an dat ass meng Fro, deen also discriminatoire gewiescht wier.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Dee wier gradesou diskriminatoresch an deem Sënn wéi deen anere virdrun, dee just deen anere Statut virgesinn huet. Dir hutt e Problem domat, dass mer déi zwee Statutte méiglech maachen. Mir maache se méiglech.

Dann zur Kollegialitéit. D'Kollegialitéit, esou wéi se de Moment besteet an der Post, ass net méi méiglech, aus zwee Grënn: éischtens wéinst der Diversitéit vun de Métieren. Dir wësst, all Direkter an der Generaldirektioun ass Chef vun engem Métier vun der Post, sief dat vu POST Courrier respektiv der Logistik, sief dat vu POST Telekom, sief dat vu POST Finance oder ICT oder aneren.

De Problem ass natierlech deen, wann Dir héich spezialiséiert Direkteren hutt, déi fir hire Beräich, ech soen elo emol fir POST Finance, zoustänneg sinn, da kënnt Der net erwaarden oder dovunner ausgoen, dass deen Direkter kollegial kann eng tiefgründeg Meenung hunn zu deem, wat am Beräich POST Courrier, POST Logistik oder anere ka virgoen. Dat heescht, et ass einfach nëmmen onméiglech, fir an deem Débat vu Kollegialitéit Décisiounen, Diskussiounen ze féieren iwwert den Detail vun engem Beräich, an deem een als Direkter iwwerhaapt net dran ass a mat deem een als Direkter näischt ze dinn huet. Dat ass ee Grond, mä dat ass awer net dee wichtegsten.

Dee wichtegste Grond ass deen, dass et eng Exigenz gëtt vum ILR, vum Institut luxembourgeois de régulation, déi datéiert vum leschte Joer an déi seet, dass mer dat doten net méi kënne maachen. Dat heescht, mir hunn eng Virschrëft vum ILR, fir déi Kollegialitéit do ofzeschafen. An dofir hu mer dat dann och gemaach.

Ech wéilt awer hei op dëser Plaz och soen, dass duerch déi heite Reform de Pouvoir vun de Personalvertrieder am Verwaltungsrot an d'Luucht gesat gëtt, an dass zum Beispill d'Post keng Cessioun vun iergendenger Aktivitéit méi ka maachen, wa se dat da wéilt, ouni eng Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen am Conseil d'administration.

Deen heite Projet ass ee Schratt, an ee wichtege Schratt, fir d'Post fit ze maache fir d'Zukunft. D'Post ass enger ganz staarker internationaler Konkurrenz ausgesat, zënter dass d'Liberaliséierung voll spillt. An d'Post ass eisen zweetgréissten Employeur hei am Land. A mir ass et net egal, wat aus der Post gëtt, dofir musse mer der Post hëllefen, dass se sech esou kann opstellen, wéi och all aneren Akteur um Marché, fir de Marché kënnen ze beackeren a fir kënnen domadder eens ze ginn.

Da koum hei déi Kritik, déi jo net nei ass, iwwert de Service public an iwwert de Fait, dass mer 35 Büroen iwwer Land zoumaachen. Nach eng Kéier: Déi Büroen, déi waren an der Moyenne tëschent annerhallwer an dräi Stonnen op. An déi Büroen hunn, alleguerten zesummen, manner wéi 5% vun den Aktivitéite vun der Post ausgemaach! A se ginn ersat duerch 145 aner Mesuren, iwwert déi de Client ka seng Servicer geleescht kréien, sief dat iwwer Cactus Shoppien oder op anere Plazen, op Tankstellen an anerer, wou d'Ëffnungszäite fir de Client natierlech bedeitend méi interessant sinn, wéi wa moies vun eelef bis hallwer eng e Büro op ass oder vun zwou bis véier e Büro op ass.

An dann, ech ginn net op déi aner Argumenter an, mä awer nach eng Kéier, an och fir lech, Här Reding, fir Är Mamm: Mir hunn de Facteur, dee mécht lech haut alleguerten Är Aufgaben. Dir musst allerdéngs d'Dier opmaachen, wann e kënnt. Dat ass natierlech e Problem. Dee kréie mir...

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Da muss ee séier sinn!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Dee kréie mir net geléist. Mä do gesitt Der, dass d'Postiere schnell schaffen, Här Gibéryen. Dee kréie mir net geléist. Mä haut kënnt Der och dem Postbeamte soen, dass en lech muer soll Sue matbréngen, da braucht Der emol net méi op a Bancomat ze goen. An ech mengen, dass dat, wat de Service public betrëfft, mat Sécherheet eng Verbesserung ass.

An da wéilt ech dem Här Reding och nach soen, dass e soll, wann ech gelift, oder ech géif e bieden drëm, opzehalen, an d'Welt ze setzen, dass duerch déi Restrukturatioun d'Postieren, d'Postbeamte géifen hiren Job verléieren. Dat ass definitiv net de Fall! Keen Eenzegen...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Dach, dat huet e gesot.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Neen, en huet dat net gesot.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Dann huet en...

(Brouhaha)

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* En huet gesot, si schaffen op anere Fonctiounen.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Jo, jo.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Jo, jo.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Bon, da wéilt ech trotzdeem nach eppes soen zu deem, wat den Här Reding gesot huet, näämlech huet e behaapt, dass déi...

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Op enger anerer Plaz.

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Näämlech, Här Gibéryen...

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Nach ëmmer bei der Post.

(Brouhaha)

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Här Gibéryen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Wann ech gelift!

M. Etienne Schneider, *Ministre de l'Économie.-* Den Här Reding huet och behaapt, dass d'Bréifdréier géife mat Zäitverträg ofgespeist ginn. Zäitverträg gëtt et zënter 2010 keng méi bei de Bréifdréier. Och dat ass also eng Onwourecht. Do wär ech lech also och dankbar, dat net méi ze zielen.

Mir, als zoustännegem Minister, läit de Service public ganz staark um Häerz, a mir maachen en ebe méi modern. Mir ginn dohin, wou de Bierger ass. Mir ginn dohin, wou de Client ass. A mir forcéieren de Client net méi, sech ze déplacéiere respektiv sech fräi ze huelen, fir säi Pak op e Postbüro sichen ze goen. Dat, mengen ech, gehéiert der Vergaangenheet un. Natierlech gëtt et nach weiderhi Postbüroen. Mä och déi wäerte mer verbesseren an hirem Service an och an deem, wat se ronderëm ubidden.

Voilà, dat gesot, mengen ech, ass dat heiten e wichtege Projet, fir d'Post kënne weider ze développéieren. An ech mengen, dass ech déi Argumenter, wat de Statut a wat d'Kollegialitéit ugeet, hei misst aus der Welt geschaaft hunn.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Minister. A mir kéinten dann elo direkt zu der Ofstëmmung iwwert de Projet 6794 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6794 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

De Projet ass mat 32 Jo-Stëmmen, bei 28 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An da bleift just nach d'Fro, ob Der bereet sidd, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert. Merci.

Deen nächste Projet hu mer jo vertaagt a mer géifen dann eriwwergoen zum Projet de loi 6846 iwwert d'Produits dérivés. An do huet d'Wuert direkt den honorabele Rapporteur, den Här André Bauler. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

10. 6846 - Projet de loi relative aux produits dérivés de gré à gré, aux contreparties centrales et aux référentiels centraux et portant transposition:

de la directive 2013/14/UE du Parlement européen et du Conseil du 21 mai 2013 modifiant la directive 2003/41/CE concernant les activités et la surveillance des institutions de retraite professionnelle, la directive 2009/65/CE portant coordination des dispositions législatives, réglementaires et administratives concernant certains organismes de placement collectif en valeurs mobilières (OPCVM) et la directive 2011/61/UE sur les gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs en ce qui concerne la dépendance excessive à l'égard des notations de crédit;

et portant mise en œuvre:

1. du règlement (UE) n°260/2012 du Parlement européen et du Conseil du 14 mars 2012 établissant des exigences techniques et commerciales pour les virements et les prélèvements en euros et modifiant le règlement (CE) n°924/2009;

2. du règlement (UE) n°648/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 sur les produits dérivés de gré à gré, les contreparties centrales et les référentiels centraux; et

3. du règlement (UE) n°462/2013 du Parlement européen et du Conseil du 21 mai 2013 modifiant le règlement (CE) n°1060/2009 sur les agences de notation de crédit;

et portant modification:

1. de la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

2. de la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de société d'épargne-pension à capital variable (sepcav) et d'association d'épargne-pension (assep);

3. de la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement;

4. de la loi modifiée du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif;

5. de la loi du 28 octobre 2011 mettant en œuvre le règlement (CE) n°1060/2009 du 16 septembre 2009; et

6. de la loi modifiée du 12 juillet 2013 relative aux gestionnaires de fonds d'investissement alternatifs

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. André Bauler *(DP), rapporteur.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn 2015 e puermol iwwert d'Finanzmäert geschwat, ob dat elo d'Banke mam CRD IV betraff huet, d'Assurancë mat Solvency II oder och d'Statsfinanze mam Objectif à moyen terme. Bei all dëse Projeten ass et ëmmer drëms gaang, fir d'Stabilitéit an d'Marchéen ze kréien. Eng Stabilitéit, déi duerch d'Finanzkris vun 2008 net ëmmer garantéiert war.

An deem Kontext hu mer dacks dat Wuert „prudence" oder „prudentiel" benotzt. Dat bedeit, datt een also virsiichteg mam Geld soll ëmgoen, ob dat elo Banken, Assurancëgesellschaften oder och Statskeese sinn.

De Mëtteg schwätze mer iwwer e Gesetzestext, dee sech an éischter Linn mat enger bestëmmter Zort vu Finanzproduite befaasst, déi hiren Deel dozou bäigedroen hunn, datt d'Kris vun 2008 iwwerhaapt entstoe konnt. Fir d'Kand direkt mam Numm ze nennen: Et geet op dëser Plaz iwwer verschidde Reglementatiounen am Beräich vun de sougenannten Derivater.

Här President, de Gesetzesprojet 6846 gouf de 5. August 2015 vum Finanzminister deponéiert. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 26. November ugeholl. De Statsrot huet säin Avis den 18. Dezember votéiert. Doropshi goufen den 12. Januar Amendementer an der zoustänneger Kommissioun guttgeheescht, soudatt den Avis complémentaire vum Statsrot den 2. Februar adoptéiert gouf. De schréftleche Rapport ass de 16. Februar an der Finanz- a Budgetskommissioun ugeholl ginn.

Derivater si Finanzproduiten, déi bei wirtschaftlechen Transaktioune Risiken ofdecke sollen an esou de Finanzakteure méi Planungssécherheet kënne ginn. Huele mer e Beispill: Eng grouss Firma, déi Pëtrol brauch, fir chemesch Produkter hierzestellen, kann en Derivat op de Pëtrol kafen, dat heescht, eng Optioun an dësem Fall, fir eng gewësse Quantitéit u Pëtrol fir e gewëssene Präis kafen ze kënne. Wann de Präis eropgeet, zitt si dës Optioun. Wann dat net de Fall ass an de Präis ass erofgaang, da léisst si se verfalen. Duerch dësen Derivat, deen natierlech och eppes Klenges kascht, huet se de Risiko vun der Präisentwécklung vum Pëtrol iwwerbréckt a ka besser plangen.

Wéi 2008 verschidden Hausbesëtzer an den USA hire Prêt net méi zréckbezuele konnten, huet dëst en Dominoeffekt - oder Effet de contagion, wéi d'Fransousen dat nennen - um Marché vun den Derivater ausgeléist, wat am Endeffekt dozou gefouert huet, datt d'Banken net méi liquide waren.

D'Roll vun de sougenannte CDS, „credit default swaps", enger bestëmmter Aart vun Derivater, ass am Kontext vun der Finanzkris vill diskutéiert ginn. Obwuel oder grad, well d'Produits dérivés eng grouss Roll an der Ekonomie spillen, andeems se de Betriber erlaben, fir sech géint Schwankunge vun de Präisser bei de Matière-premièren a bei den Zënsen ze versécheren, weisen dës Produkter eng Rei Risiken op. Dat net, well de Prinzip vun den Derivater u sech problematesch wier, mä duerch d'Ausmooss an d'Komplexitéit vun hirem Asaz.

Well dëse Maart an de leschte Joren eng enorm Gréisst kritt huet a well verschidde vun dëse Produkter schrecklech komplex gi sinn, huet d'Europäesch Kommissioun eng Proposition de règlement ugeholl, déi als Zil huet, fir d'Transparenz um Marché vun den Derivater ze verbesseren an d'Risiken, déi vun dëse Produkter ausginn, méi wierksam ze géréieren.

Et handelt sech ëm d'Reglement mat der Nummer 648/2012 vun der Europäescher Unioun iwwert d'Produits dérivés de gré à gré, d'Contreparties centrales an déi zentral Référentiellen, och nach EMIR genannt, dat de 16. August 2012 a Kraaft getrueden ass.

Ech kommen elo zum Inhalt vun dësem Reglement.

Éischtens, et war net ëmmer Usus, fir d'Kontrakter iwwer Derivater de gré à gré ze deklaréieren, soudatt weder d'Regulatiounsautoritéiten nach all déi, déi sech um Marché bedeelegen, en Iwwerbléck haten, wat sech eigentlech ofgespillt huet.

D'Reglement gesäit elo vir, datt Transaktiounen iwwert d'Derivater, déi de gré à gré an der EU realiséiert ginn, also déi net iwwer eng Tëschenautoritéit lafen, vun elo u bei sougenannte Centres de conservation des données, och zentral Référientielle genannt, gemellt musse ginn. Deenen hiren Agrément an Iwwerwaachung gi vun der Europäescher Autoritéit vun de Finanzmäert gewäerleescht.

D'Regulatiounsautoritéite vun der EU hunn Accès op dës Référientiellen, wat et hinnen erlaabt, eng besser Iddi ze hu vun deem, wat jiddweree schëlleg ass a wiem en dat schëlleg ass, a méi séier eventuell Problemer ze detektéieren, wéi zum Beispill eng Konzentratioun vu Risiken op verschidden Akteuren oder op verschidden Deeler vum Maart.

Doriwwer eraus mussen déi zentral Référentiellen hir agreéiert Positioune publizéieren, an zwar pro Kategorie vun Derivater, soudatt all déi bedeelegt Partner um Marché en Iwwerbléck vum Maart a sengen Derivater hunn. Et geet also an éischter Linn drëm, Transparenz um Marché ze schafen, soudatt all Akteuren hir Décisiounen en toute connaissance de cause treffe kënnen.

Zweetens. Wärend der Finanzkris hunn déi verschidde Partner, déi um Marché vun de Produits dérivés de gré à gré bedeelegt waren, dem Kreditrisiko vun der Contrepartie, eng Assurancëgesellschaft oder eng Bank zum Beispill, dacks net genuch Rechnung gedroen, dat heescht dem Verloschtrisiko, deen domadder verbonne war, datt déi eng Säit net bezuele kann, wann de Moment derfir komm ass, op Englesch „credit default risk". An da wäre mer erëm bei de CDSen, eng Aart vun Derivater, déi eng Haaptursaach vun der Finanzkris waren.

D'Reglement gesäit also vir, datt déi standardiséiert Produits dérivés de gré à gré mussen duerch sougenannt Contreparties centrales kompenséiert ginn. Dës Contreparties centrales sinn Entitéiten, déi sech tëschent d'Partië vun enger Transaktioun stellen. Dat erlaabt et, datt d'Faillite vun engem Bedeelegten um Marché net dozou féiert, datt aner Participanten och Faillite maachen an esou dee ganze Finanzsystem un d'Wackele geréit. Genau dat war jo och de Problem an der Finanzkris, datt ee Secteur vum Finanzmarché anerer mat an d'Kris, dat heescht an d'Verloschter gezunn huet. E méiglechen Dominoeffekt gëtt also verhënnert.

Fir déi Produkter, déi net éligibel sinn, well se net ënnert d'Produits standardisés falen, an déi also och net duerch eng Contrepartie centrale kompenséiert ginn, applizéiere sech verschidde prudentiel Techniken am Beräich vun der Gestioun vu Risiken, zum Beispill d'Verflichtung, fir méi Kapital op der Säit ze hunn. Well d'Contreparties centrales e Konzentratiounsrisiko lafen, si se aus Sécherheetsgrënn ganz rigouréise Regelen ënnerworf. Hei zu Lëtzebuerg ass et d'CSSF, déi en charge vum Agrément a vun der Iwwerwaachung vun de Contreparties centrales ass.

Et sief nach bemierkt, datt d'Reglement sech op all Typ vun Derivat-Kontrakter de gré à gré applizéiert. Et applizéiert sech net nëmmen op d'Finanzgesellschaften, mä och op Betriber, déi net per se am Finanzberäich täteg sinn, wéi zum Beispill Betriber am klasseschen Industrieberäich, déi Derivat-Instrumenter benotzen, fir manner Risiken ausgesat ze sinn, wéi zum Beispill e Betrib aus dem Stolsecteur.

Här President, och wann et sech hei ëm e Reglement handelt, wat also d'application directe ass, muss op nationalem Plang légiféréiert ginn, fir déi kompetent Autoritéiten ze nennen. Dat gëtt d'CSSF an de Commissariat aux Assurances.

Nieft dësem Objet huet de Gesetzestext awer nach e puer méi kleng Ziler. Ech ginn op dëser Plaz nëmme kuerz op dës Sujeten an, bei deenen et sech haaptsächlech ëm punktuell Upassungen vun aktuellen Texter handelt.

Éischtens. Duerch d'Reglement iwwert d'Derivater sinn Upassungen un der Loi modifiée vum 10. November 2009 relative aux services de paiement noutwendeg ginn. Et geet hei ëm nei technesch Regelen zur sougenannter Interopérabilitéit. Dat heescht, et gëtt séchergestallt, datt verschidde Systemer openeen ofgestëmmt ginn.

Zweetens. Da kënnt et och nach zu enger Upassung vum Gesetz, dat de Regimm vun TARGET2-Securities regelt. Et handelt sech ëm e Projet vun Eurosystème, deen ab Juli 2015 leeft a wou eng harmoniséiert Plattform opgebaut gëtt fir d'Dépositaires centraux vun Titren.

Drëttens. De virleienden Text transposéiert och d'Direktiv 2013/14/UE a setzt d'Dispositioune vum Reglement CRA 3 iwwert d'Ratingsagencen ëm. Och hei geet et erëm ëm d'Stabilitéit vum Finanzsystem, andeems déi finanziell Akteure manner ofhängeg vu Ratingsagencë gi sollen. Och dat war jo en Element, dat zu der Finanzkris gefouert huet.

Här President, komme mer dann elo zu de verschiddenen Avisen.

D'Chambre de Commerce huet eng ganz detailléiert Analys vum Gesetzestext gemaach an deen och guttgeheescht.

A sengem Avis hat de Statsrot eng Rei vun technesche Upassunge gefuerdert, déi jo och vun der Cofibu duerch Amendementer guttgeheescht goufen. Ech verweisen do op de schréftleche Rapport. Am Avis complémentaire huet de Statsrot nach e puer Textpropose gemaach, déi d'Cofibu och esou iwwerholl huet.

Här President, ech kommen zum Schluss. Dat europäescht Reglement, iwwert dat mer haut schwätzen, huet also seng Berechtegung. Esou wéi d'Banken an d'Assurancen hir Risiken ofschätze mussen, fir sech net an iwwerméisseg riskant Situatiounen ze brëngen, esou mussen och d'Akteuren, déi mat Derivater handelen, och genau wëssen, wat um Marché leeft a wou sech vläicht e Risiko accumuléiert huet.

E Marché kann nëmme gutt fonctionnéieren, wann all déi Bedeelegt eng Iddi hu vun deem, wat lass ass. Wa se vu ville Beem de Bësch net méi gesinn, da weess och keen, wéi et ausgeet. Et geet och haut, genau wéi bei de Banken, déi „too big to fail" sinn, ëm de systemesche Risiko. Mir musse vermeiden, datt Evenementer am Derivate-Maart op aner Secteuren iwwergräifen an esou e grousse Schued uriichte kënnen. An deem Sënn kann dat europäescht Reglement nëmme begréisst ginn!